




# /DEFUUSS

INFORMATIONEN AUS DER  
GEMENG WALDBËLLEG

AUGUST **2013**





14

IN  
TE  
RN

INFOS INTERNES

31

POLI  
TI  
K

POLITIQUE

51

KUERZ  
NO  
TEI  
ER  
T

À NOTER

74

BEI  
EIS...

DE CHEZ NOUS ...

85

SCH  
OU  
L

ÉCOLES

96

V  
ER  
ÄI  
NER

ASSOCIATIONS

116

KU  
L  
TU  
R

CULTURE



## LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

mir si frou, lech eng weider Nummer vum „DE FUUSS“ kënnen ze presentéieren, déi lech a groussen Zich iwwer dat informéiert, wat vum 22. Dezember 2012 bis haut an eiser Gemeng geschitt ass.

Mir hoffen, datt dësen „DE FUUSS“ lech gefält a wënnsche vill Spaass beim Liesen! Wann Dir „DE FUUSS“ mat an d'Vakanz wëllt huelen, ouni dat ganzt Heft misse matzeschleefen, da kënt Dir de QR-Code op der Säit 135 scannen, fir en um Handy oder um Tablet ze liesen.

De **Cover** gouf dës Kéier vun engem jonke Kënschtler vun Waldbëlleg entworfen. An der Maison relais gouf ee Molconcours organiséiert mam Thema: „Meng Gemeng“ an de Gewënner vum Concours ass de Gary Berens aus dem Cycle 4.1.

Wat de **politesche Compte rendu** ugeet, fänkt dës Nummer vum „DE FUUSS“ mat der Gemengerotssëtzung vum 27. Dezember 2012 un. Sou ass d'Kontinuitéit vun der Informatioun garantéiert. De Gemengerot koum am Ganze fir 5 Sëtzungen an 3 Aarbechtssëtzungen vun Enn Dezember 2012 bis haut beieneen. De Gemengebudget fir 2013 fannt Dir op de Säite 35 bis 40 a groussen Zich resuméiert.

Säit dem 8. Abrëll 2013 ass d'**Sportshal** rëm a Betrib an d'Schoulkanner, d'Maison relais an eis Veräiner kënnen erëm hiren Aktivitéiten heiheem nogoen.



## CHÈRES CONCITOYENNES, CHERS CONCITOYENS,

*Nous sommes heureux de vous présenter un nouveau numéro du bulletin communal «DE FUUSS» qui vous informera sur les événements dans notre commune pendant la période du 22 décembre 2012 jusqu'à aujourd'hui.*

*Nous espérons que ce «DE FUUSS» vous plaira et au cas où vous aimeriez le lire sur votre mobile ou tablet, par exemple, en vacances, vous pouvez scanner le QR Code à la page 135.*

*La page de **couverture** du présent bulletin a cette fois-ci été créée par Gary Berens, élève du cycle 4.1 et lauréat du concours de peinture «Ma Commune», organisé par la Maison relais.*

*Le **compte-rendu politique** de cette édition commence avec la réunion du 27 décembre 2012. À partir de cette date, le conseil communal s'est réuni 8 fois. Un résumé du budget communal de l'exercice 2013 vous est présenté aux pages 35 à 40.*

*Le **hall sportif** peut à nouveau être utilisé par l'école depuis le 8 avril 2013, la Maison relais et les associations locales. La commune a trouvé une solution extrajudiciaire avec les partis concernés pour régler les dégâts causés par l'eau au hall sportif.*



Mat de verantwortleche Partie gouf jo no enger aussergerichtlecher Léisung gesicht, wat dat Finanziellt vum **Wasserschued an der Sportshal** ugeet. De Gesamtschued beleeft sech op 639.961,49€, wouvun 109.367,52€ Käschte vun den Afekoten a vum Geriichtsexpert sinn. Bei der Renovatioun huet d'Gemeng decidéiert, fir verschidde Verbesserungen an der Hal

*Le coût total s'élève à un montant de 693.961,49 euros, dont les coûts d'avocats et d'expertises se chiffrent à 109.367,52 euros. En même temps que les travaux de réfection du hall, la commune a décidé d'entreprendre des travaux de peinture y devenus nécessaires, de réaménager – en partie – les alentours du hall, d'installer un chauffage au sol, de créer un accès Internet et d'améliorer l'isolation*

an rondrëm d'Hal ze maachen, wéi eng deelweis Neigestaltung vum Ausseberäich, eng Foussbuedemheizung, an Internet an der Hal, zousätzlech Embasen, eng verbessert thermesch Isolierung rondrëm d'Hal, plazeweis en neien Ustrach etc., bref een Invest, deen insgesamt 112.810,43 € kascht huet. D'Gemeng huet déi 639.961,49 € virfinanziert. D'Gemeng huet an zwou Verhandlungsronden een Accord fonnt mat deenen anere Parteien, fir 500.000,00 € vum Gesamtschued rembourséiert ze kréien. Och hätt eng geriichtlech Ausernanersetzung iwwer vill Joeren nach vill weider onberechenbar Käschten fir de Gemengebudget bedeit. D'Affekotekäschten an déi vum Geriichtsexpert vun 109.367,52 € bleiwen an der aussergeriichtlecher Léisung zu Laaschte vun der Gemeng. Am Ganze kritt d'Gemeng also 78,12% vum Gesamtschued erëm, wann een d'Affekotekäschten derbäi hält. Ouni déi kritt d'Gemeng 94,2 % vum Geld erëm, wat investéiert gouf, fir d'Hal rëm dréchen a renovéiert ze kréien. De virdu genannten Accord gëtt an deenen nächste Wochen ënnerschriwwen a muss vum Gemengerot approvéiert ginn. Duerno gëtt dee Remboursement sou séier wéi méiglech vun den Assurancë gemeet – dat ass ee Bestanddeel vum Accord. No 4 laangen an haarde Joer ouni eis Sportshal kann dësen däregen Dossier elo endlech zougemaach ginn – deemno Mission accomplie!

**De Chantier vum neie Pompjeesbau a vum neie Gemengenatelier** ass ganz gutt virugaang, wéi Dir vläit scho gemierkt hutt. D'Alentoure sinn esouwäit fäerdeg an de Moment gëtt banne geschafft. Wann alles gutt geet, da gëtt de Projet am Hierscht fäerdeg an da kënnen eis Pompjeeën an de Service technique vun der Gemeng hir nei Aarbéchtsplaz bezéien. Wann den Décompte vun deem Projet gemaach ginn ass, da presentéiere mir lech de finanziellen Detail.



De 27. Dezember 2012 huet de Gemengerot de Projet vun der **Renovatioun vun der Waldbëlleger Kierch** gestëmmt. Vum gestëmmt Gesamtprojet vu 744.149,24 € gi 468.105,35 € zu Laaschte vun der Gemeng an et sinn 276.043,89 €, déi vun der Kierchefabréck bezuelt ginn. Bäim Botzen a beim Ofklappe vum ale Botz an der Kierch goufen eng Rei ganz al – zum Deel onbe-

*thermique du bâtiment et cela à un coût total de 112.810,43 euros. La commune a avancé l'intégralité des 639.961,49 euros. Suivant l'accord négocié avec les parties concernées, 500.000,00 € euros seront remboursés à la Commune, soit 78,1 % du coût total des dégâts, coûts d'avocats et d'expertise inclus. Si on exclut les frais d'avocats et d'expertise, on peut dire que la Commune sera remboursée de 94,2 % des montants préfinancés pour l'assainissement et la rénovation du hall sportif. L'accord en question sera signé dans les semaines à venir et devra être encore approuvé formellement par le conseil communal. Le remboursement rapide du montant prémentionné par les assurances sera opéré dans les meilleurs délais possibles, ce qui fait partie intégrante de l'accord négocié. Après 4 années de longue haleine, nous pouvons enfin clôturer ce dossier – mission accomplie!*


*Le chantier du nouveau bâtiment pour notre service d'incendie et de sauvetage et l'atelier communal à Waldbillig a bien progressé. L'aménagement des alentours est presque achevé et les travaux se poursuivent actuellement à l'intérieur. Il y a des chances réelles que les pompiers et le service technique communal pourront s'y installer en automne. Le détail financier vous sera présenté à une date ultérieure, après le décompte définitif.*



5

*Le conseil communal s'est prononcé au cours de sa séance publique du 27 décembre 2012 en faveur de la **rénovation de l'Église de Waldbillig**. Le coût total du projet s'élève à 744.149,24 euros, dont 468.105,35 euros seront pris en charge par la Commune et 276.043,89 euros reviennent à la Fabrique d'Église. Pendant les travaux de décrépiage à l'intérieur de l'Église, des fresques de style baroque et néo-baroque ont été découvertes. Ces peintures murales sont d'une grande valeur artistique et historique et la Commune, la Fabrique d'Église de Waldbillig-Haller (qui prend en charge la restauration des fresques) et le Service des Sites et Monuments nationaux du Ministère de la Culture, ont pris la décision conjointe de les restaurer. La procédure de classement de l'Église de Waldbillig comme monument national est en cours. Le classement engendre une augmentation de la participation financière étatique à raison de la moitié des coûts éligibles de la rénovation. Il est prévu de profiter l'Église à l'avenir en surplus des manifestations*

kannte – Freske fräigeluecht. Déi ganz Kierch ass mat barocken an neo-barocke Fresken verziert, an et ass ee Stéck Geschicht vu Waldbëlleg, wat erëm un d'Liicht komm ass. De kunschthistoresche Wäert vun deene Molereien ass immens héich, an an Zesummenaarbecht mat der Kierchefabrëck an dem Service des Sites et Monuments nationaux gouf decidéiert, déi Fresken elo komplett ze renovéieren. D'Kierchefabrëck, déi d'Renovatioun vun deene Freske bezillt, nïcht duerfir nach een zousätzleche finanziellen Effort, woufir mir hinne ganz dankbar sinn. Zousätzlech gouf decidéiert, datt d'Kierch zu Waldbëlleg als Monument national géif klasséiert ginn. Domadde géifen déi Aarbëchten, déi scho geplangt an déi eligibel fir ee Subside sinn, zu 50 % vum Staat subventionéiert. Doriwwer eraus garantéiert een den Erhalt vun der Kierch, déi doduerch ni kann oder däerf ofgerappt ginn. Nïeft deene sakralen Aktivitéiten soll dat Gemengegebai dann och fir aner Zwecker kënnen genotzt ginn, wéi Concerten, Liesungen, Virtrëg an aner passend Manifestatiounen. Den 11. Juli 2013 huet d'Kulturministesch d'Gemeng informéiert, datt déi staatlech Klasséierungskommissioun gréng Luucht fir de Klassement vun der Kierch ginn huet. De Moment ginn déi fräigeluechte Freske renovéiert an d'Gebai muss wanterfest gemaach ginn; haaptsächlech den Daach muss dicht gemaach, an d'Fassade ausgebessert ginn. Mat engem Ofschluss vum Projet wäert eréischt am Hierscht 2014 ze rechne sinn.



Op de Säite 122-125 kënn Dir en Artikel iwwert d'Geschicht vun der Waldbëlleger Kierch vum Här Marcel Ewers liesen.

sacrales pour des concerts, des conférences et d'autres manifestations culturelles. En ce moment les fresques sont restaurées et il est nécessaire d'entamer avec la réparation partielle de la toiture et l'assainissement de la façade et ce à l'approche de l'hiver.

*Le projet de rénovation de l'église ne sera probablement terminé qu'en automne 2014. Sur les pages 122 à 125, un article de M. Marcel Ewers vous donne des renseignements intéressants sur l'histoire de l'Église.*



Près de l'Église, le **tombeau d'André Hentges**, grand bienfaiteur de notre Commune, se présentait dans un état délabré. La Commune a profité de l'occasion pour faire nettoyer la croix en marbre de Carrara, la mise en place d'une nouvelle couverture en granit et pour y apposer une plaque indiquant le nom d'André Hentges. L'article de M. Jean F. Keiser, sur les pages 126 à 127 vous apprendra plus sur ce personnage fascinant.

Bei den Aarbéchten un der Kierch zu Waldbëlleg ass opgefall, datt dem **André Hentges säi Graf** a schlechtem Zoustand war. Verschidde Grafplacke waren agefall. Mir hu vun der Gelegenheit profitéiert, fir d'Graf nei zouzedecken an dat schéint verziert Marmorkräiz (Marmor vu Carrara aus Italien) botzen ze loossen, an eng Plack mam Numm vum André Hentges unzebréngen. Mir waren dat deem grouse Gönner vun eiser Gemeng schëlleg. Op de Säite 126 - 127 kënnt Dir en Artikel vum Här Jean F. Keiser iwwer dem André Hentges säi Wäerdegang liesen.

De 26. November 2012 hat de Gemengerot de geännerte Projet vun der **Erneuerung vun der André-Hentges-Strooss** gestëmmt an den Dossier ass dunn op den Instanzeweeg gaang. De 7. Juni 2013 huet d'Waasserwirtschaftsamt säin Accord ginn, an den 10. Juli 2013 finalement den Inneminister! Well mir den Accord vum Inneminister ee puer Deeg ze spéit kruten, konnten d'Ponts et Chaussées keng Ausschreiwung vum Projet virum Kollektivcongég méi maachen, sou datt dat richt Enn August ka geschéien. Wann d'Ausschreiwungsprozedur ofgelaf ass, da wäerte mir kuerz virun Enn vum Joer stoen. De Bagger kann deemno realisteschweis richt Ufank 2014 an där Strooss rullen. Mir fannen et skandaléis, datt hei zu Lëtzebuerg d'Prozeduren sou laang daueren, bis eng Gemeng en neien Zweekanalsystem an eng nei Waasserleitung duerch eng Strooss leeë kann. Mir bieden dowéinst d'Awunner vun där Strooss ëm Entschëllegung, datt si elo schonn sou laang musse mat deem miserablen Zoustand vun där Strooss liewen. 2014 geet et dann awer definitiv lass!

Bei der Schoul zu Waldbëlleg, hannert der Sportshal, gouf ee **Léierpad an ee Schoulgaart** (Kraidergaart) ugeluecht. Iwwer dee Wee sollen eis Kanner de Räichtum vu Flora a Fauna aus eiser Géigend kenneléieren. Verschidde Biotopen – ënnert Anerem och ee Weier – ginn do ugeluecht an Erklärungscheider weisen dann, wat do ze gesinn ass, a wéi eng Déieren a Planzen an deem Milieu liewen. Déi Heck, déi do steet, spillt natierlech och eng wichteg Roll. Dëse Projet gouf an Zesummenaarbecht mat der Léierin Joëlle Niederweis an dem Schoulmeeschter Claude Schmit gemaach, zesumme mat eisem Fierschter, dem Här Théo Moulin, a senge Leit. Op der Säit 95 fannt Dir een Artikel iwwer dee Léierpad.



*Le conseil communal avait déjà voté en date du 26 novembre 2012 le projet modifié concernant le **réaménagement de la rue André Hentges**. Ce n'est que le 7 juin 2013 que l'Administration de la Gestion des Eaux a donné son accord, suivi par celui du Ministère de l'Intérieur du 10 juillet 2013. Pour cette raison, le Service des Ponts et Chaussées ne pourra lancer la procédure de la soumission des travaux qu'après le congé collectif vers la fin du mois d'août. Ainsi, les travaux – installation d'un système de canal séparant les eaux usées et de pluie et d'une nouvelle conduite d'eau – ne commenceront en toute probabilité qu'au début de l'année 2014. Nous estimons que la longueur des procédures établies et la lenteur administrative des instances étatiques sont inadmissibles et nous présentons toutes nos excuses aux résidents de cette rue et les remercions pour leur patience.*

*Près de l'École fondamentale de Waldbillig, derrière le hall sportif, un **sentier pédagogique et un jardin aux herbes** ont été aménagés sous la direction des instituteurs Joëlle Niederweis et Claude Schmit et le préposé-forestier Théo Moulin. Par cette approche pratique, les enfants apprennent mieux sur la faune et flore de notre région. Divers biotopes y sont aménagés et des panneaux explicatifs informeront sur les espèces animales et végétales qui vivent dans ce milieu. La haie qu'on y trouve joue évidemment un rôle important. À la page 95, vous trouverez des explications supplémentaires sur le sentier pédagogique.*



Am **Mëllerdall op der Millen** goufe **Gauben** an den Daach gemaach, fir datt de Kärespäicher besser beliicht ass an eng Querbelüftung vum Raum garantéiert ka ginn.

Den **Trëppelwee** iwwert den **Digrell** tëscht Chrëstnech a Waldbëlleg gouf erneiert. De Wee Theisgaart zu Chrëstnech gouf ausgebessert, well do d'Reewaasser de Belag ausgeschwemmt hat. Da gouf zu Chrëstnech beim „Vugelsbësch“ de Belag vum Flouerwee nei gemaach a gefléckt.



*Des lucarnes ont été installées dans le toit du **Moulin de Heringen au Mullerthal** pour mieux éclairer et aérer le grenier à grains.*

*Le **sentier piétonnier** à travers le **Digrell** entre Christnach et Waldbilling, ainsi que celui nommé **Theisgaart** à Christnach ont été remis en état et le revêtement du chemin au lieu-dit **Vugelsbësch** a été partiellement amélioré.*



D'**Sport- a Spillplaz zu Chrëstnech** hannert dem Fussballterrain hëlt ëmmer méi konkret Formen un. D'**Spillplaz** fir Kanner ab 3 Joer an eng Boulepiste mat Pavillon kënnen elo scho vun lech entdeckt ginn. Den Hierscht gëtt déi Raschtplaz fir d'ganz Famill fäerdeg gemaach mat der Uplanzung vu Planzen, Hecken a Beem aus der Region an aus dem Land. Elo schonn hunn eise Fierschter Théo Moulin a seng Leit, déi déi Raschtplaz gebaut hunn, deen een oder anere Bam geplanzt (e.a. Maas-selter - Feldahorn).

*Le **terrain de sport et de jeux** derrière celui du football à Christnach prend forme – l'aire de jeux pour petits et le boulodrome peuvent déjà être utilisés et l'espace de récréation pour toute la famille sera terminé en automne avec la plantation supplémentaire de haies et d'arbres de la région, comme p. ex. l'érable.*





Am **Zentrum vu Chrëstnech** geet de Chantier gutt virun. De Kioskass scho gebaut, och wann d'Fassade an d'Akleede vum Fouss mat Natursteng nach net gemaach sinn. Och d'Rampe d'accès fir ee behënnertegerechten Accès an d'Kierch a fir op de Kierfecht gëtt am Hierscht gebaut. D'Planunge fir déi ästhetesch Gestaltung vun der Plaz mat de Beplantungen an der Beliichtung sinn ofgeschloss, a bis Enn November dëst Joer soll schëtzeg um Projet virugeschafft ginn. Iwwert de Wanter soll dann d'Planung fir eng Spillplaz fir kleng Kanner an eng Raschtplaz do hannert dem Kiosk ageriicht ginn. Am Kontext vun deem Projet goufen eng nei Heizung an eng Toilette an der Kierch agebaut. An enker Zesummenaarbecht mat der Kierchefabrëck goufen déi néidegst Renovatioune virgeholl. De ganze Site soll duerch e klenge Fernwärmenetz mat Holzhackschnitzel gehëtzt ginn. Déi Heizung wäert bis de Wanter lafen – dee ganze Site gëtt also CO2-neutral gehëtzt.




D'Planunge fir dat neit **Lokal fir eise Club des Jeunes** am ale Pompjeeesbau zu Chrëstnech sinn ofgeschloss an de 16. Mee 2013 huet de Gemengerot de Projet gestëmmt, deen elo um Instanzewee ass. Och hei kucke mir, ee Subside vum Familljeministère ze kréien. Op de Photoe kënnt Dir lech ee Bild maachen, wéi dee modernen a gemittlechen Treffpunkt fir eis Jugend aus der Gemeng wäert ausgesinn. Soubal d'Pompjeeën am Hierscht an hiren neie Bau plënnere, geet et um Veräinsbau mam Chantier un.



Au **centre de Christnach** le chantier progresse bien. Le kiosque recevra encore un enduit et sa base sera couverte de pierres naturelles. La rampe d'accès, garantissant un accès aux handicapés à l'église et au cimetière, sera installée en automne. Les plans pour l'éclairage et l'aménagement de la place sont achevés; reste encore à planifier l'aménagement d'une petite aire de jeux pour bébés derrière le pavillon. Les travaux de rénovation nécessaire à l'Église ont été entrepris en étroite collaboration financière avec la Fabrique d'Église de Christnach, une toilette et un nouveau chauffage y ont été installés. À partir de cet hiver, tout le site sera chauffé par un système de chauffage urbain avec copeaux de bois, sans production de gaz carbonique.



Le projet d'un **nouveau local pour notre Club des Jeunes**, situé à l'ancien Pompjeeësbau à Christnach, a été voté le 16 mai 2013 par le conseil communal et une demande de subside a été introduite auprès du Ministère de la Famille. Les photos vous montrent un lieu de rencontre moderne et convivial pour les jeunes de notre Commune. Ce chantier débutera après le déménagement du service d'incendie et de sauvetage de Waldbillig en automne.



An Zesummenaarbecht mat der Konsdrëffer Gemeng an der Administration de la nature et de la forêt huet eisem Fierschter Théo Moulin seng Équipe eng nei Attraktioun laanscht d'schwarz Äernz gebaut. Op enger Längt vun iwwer 600 Meter ass tëscht dem Parking Präitlerbréck an der Bréck Richtung Blummendall, wou et erop an de Marscherwald geet, dee **längsten Holzsteeg aus dem Land** ugeluecht ginn. Op der Säit 75 kënt Dir méi Detailler iwwer dëse ganz gelongene Projet liesen. Och gouf d'Décisioun scho geholl am zoustännegen Gremium, datt an Zukunft de Mullerthal-Trail iwwert dëse Steeg goe wäert. Nieft deene groussen Infrastrukturprojeten hu mir eis nach an aneren Dossieren engagéiert.

Wéi schonn am leschten „DE FUUSS“ ugekënnegt, ass d'**Waasserversuergung** ee vun eisen zentralen Dossieren. D'Thema Waasser ass an deene leschte Méint ëmmer rëm an der nationaler Aktualitéit gewiescht wéint dem Waasserpräis. De Präis ass awer nëmmen eng Facette vun der Waasserpolitik. De Waasserpräis gouf, wéi bekannt, no de Regele vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 bestëmmt. Mir leie mat eisem Präis am nationale Verglach am gudde Mëttelfeld. D'Gesetz obligéiert d'Gemengen och, eng Waasseranalyse ze publizéieren, wat mir op de Säite 24-29 mat den néidegen Erklärungen maachen. Aus deene rezenten Analysen (5. Juni 2013) geet ervir, datt eist Waasser propper a bedenkos drénkbar ass. Op de Säite 18 - 23 gi mir méi am Detail op de Gesamtprojet an, dee mir an deene kommende Joren am Beräich vun der Ofsécherung vun der Waasserversuergung an dem Erhalt vun der Waasserqualitéit realiséiere wëllen. Mir schaffen do ganz enk mat der Äerenzdallgemeng zesummen, well mir iwwert ee gemeinsame Syndikat elo schonn Suewelbuer a Freckeisen mat Waasser versuergen. An Zukunft soll och hei Waasser aus dem Mëllerdall fléissen. Déi Projeten am Beräich Waasser wäerte sech iwwert déi ganz Legislativperiod an doriwwer eraus strecken.

Duerch eng Decisioun vum 27. Dezember 2012 huet de Gemengerot decidéiert, dem **Klimapakt** (Mémorial A – n° 205 vum 20. September 2012) bäizetrieden. D'Gemeng kritt hei fir näischt een externen Energieberoder vum Staat gestallt fir e. a. méi ee rationellen Energieverbrauch vun den ëffentlechen Infrastrukturen kënnen ze realiséieren. An deem Sënn ginn net nëmme Käschte gespuert, mais och eppes fir eis Ëmwelt gemaach! Och gëtt an Zukunft bei kommunale Gebailechkeete verstärkt gekuckt, méiglechst energieschounend ze bauen. D'Gesetz iwwert de Klimapakt gesäit vir, datt eng Klimakommissioun gegrënnt muss ginn, déi als berodend Organ, ënnert der Leedung vum externen Energieberoder (Här Claude Reiter vun der Firma EKOS), de Gemengerot ënnerstëtzt. Am Hierscht wäerte mir dat an d'Realitéit ëmsetzen.

*En collaboration avec la Commune de Consdorf et l'Administration de la Nature et de la Forêt, notre préposé-forestier Théo Moulin et son équipe ont réalisé une **passerelle en bois – actuellement la plus longue au Luxembourg** avec ses quelques 600 mètres - longeant l'Ernz Noire à partir du pont de Braidweiler jusqu'au pont menant vers le Marscherwald en direction du Blumenthal. Cette attraction, sur laquelle vous aurez plus de détails à la page 75, sera intégrée dans la randonnée connue du Mullerthal Trail.*

*Outre ces projets, nous nous sommes également concentrés sur d'autres dossiers, notamment celui de la **distribution d'eau**. Le prix de l'eau, fixé sur base de la loi du 19 décembre 2008, se situe dans la bonne moyenne, comparé au reste du pays, et il ne représente qu'une des multiples facettes de la politique des eaux. La loi nous impose également de publier une analyse de nos eaux, ce que nous avons fait sur les pages 24 à 29 avec les explications afférentes. Notre eau est parfaitement potable! Sur les pages 18 à 23, nous vous présentons plus en détail les projets élaborés en étroite collaboration avec la Commune de la Vallée de l'Ernz en ce qui concerne l'amélioration de la distribution d'eau potable et le maintien de la bonne qualité de l'eau dans notre Commune. Notre syndicat commun assure déjà maintenant l'approvisionnement en eau de Freckeisen et de Savelborn à partir d'une source à Savelborn. À l'avenir, l'eau du Mullerthal sera aussi pompée vers ces localités. Les projets de l'eau couvriront toute la période législative et au-delà.*



*Le 27 décembre 2012, le conseil communal a pris la décision d'adhérer au **pacte climat** entre l'État et les Communes et d'instaurer un système de comptabilité énergétique pour les infrastructures et équipements communaux. L'État prend en charge les frais pour le travail d'un conseiller énergétique, à savoir M. Claude Reiter de la firme EKOS, qui conseillera la Commune dans les démarches du pacte climat et qui surveillera également les travaux d'une commission du climat à créer pour le conseil en énergie.*

# KlimaPakt

meng Gemeng engagéiert sech

**D'Viraarbechten um Bebauungsplang (PAG)** (plan d'aménagement général) sinn och gutt virugaang. Am Hierscht gëtt elo den 2. Deel vun der Ëmweltprüfung vum PAG ugefaang, d'Biotopkartéierung ass gemeet, an den Inventar vun de schützenswäerte Gebailechkeete gouf an Zesummenaarbecht mat de Sites et Monuments vum Staat ofgeschloss. Geplangt ass, datt et an Zukunft just nach een eenzegt Bautereglement wäert ginn. An 4 Aarbechtssëtzunge koum ee kleng Grupp (Schäfferot a Memberen aus der Bautekommissioun) zesummen, fir elo schon eng Modification ponctuelle vum allgemenge Bautereglement virzehuelen. Dës Ëmännerunge vum Bautereglement si ganz staark néideg, well verschidde Punkten aus deem Text ze streng oder net kloer genuch sinn, respektiv der moderner Baupraxis net méi Rechnung droen. Dës Ëmännerunge sollen am Hierscht op den Instanzewee goen. Wann alles gutt geet, da sinn déi nei Mesuren am Summer 2014 a Kraaft. Mir hoffen, datt mir dee wichtegen Dossier gutt a séier duerch d'Prozedure kréien!

Wat leider duerch ee Mangel un där néideger Zäit op der Streck bliwwen ass, ass de Fortgang vun den Aarbechten um neie **Verkéisereglement**. Eng Rei Viraarbechte goufe jo scho gemaach, awer vill Detailer bleiwen nach ze klären. Mir wëllen an der 2. Halschent vum Joer och an deem Dossier rëm ee Stéck virukommen! Een aneren Dossier, wou mir nach net virukomm sinn, ass d'Verbesserung vun eiser **Internetpräsenz**! Och dat ass net vergiess a gëtt an Ugrëff geholl, soubal zäitlech rëm ee bësse méi Loft ass. D'Migratioun vun eiser gesamter Administratioun an dat neit informatesch Ëmfeld vum Syndicat intercommunal de gestion informatique (SIGI) hält vill Zäit an Usproch. Eise Beamte sief op dëser Plaz ee grouse Merci fir hir exzellent Aarbécht an hir Gedold an deem Dossier gesot!

Leif Matbiergerinnen a Matbierger, de Gemengerot ass vum 27. Dezember 2012 bis haut a 5 Gemengerotssëtzungen an 3 Aarbéchtssëtzungen zesummekomm! Den 1. Juli 2013 ware mir mam ganze Gemengerot een Dag laang op Chantiersvisite, a mir hunn am Detail eis Infrastrukturen vun der Waasserversuergung gekuckt (Kläranlag, Pompelstatioun, Waasserbasseng zu Haler, Captagë vun de Quellen etc.). Mir wëllen alle bedeelegte Conseillere Merci soen, fir hiren Asaz an déi gutt a fruchtbar Zesummenaarbecht!

Mir wëllen doriwwer eraus alle Leit, déi berufflech oder benevole an der Gemeng, respektiv an de Veräiner, matgeholfen hunn, eis schéi Gemeng virunzebréngen an d'Servicer auszebauen, ee grouse Merci soen, fir hiren onermiddlechen Asaz an déi gutt Zesummenaarbecht an dësem 1. Deel vun 2013!

Leif Matbiergerinnen a Matbierger, mir wënschen lech all an Äre Familljen ee puer schéin an erhuelsam Momenter dëse Summer! Bleift gesond a monter!

Äre Schäfferot,  
**Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen a Jean-Luc Schleich**

*Les travaux préliminaires du **Plan d'aménagement général (PAG)** ont bien progressé. La deuxième partie de l'analyse environnementale stratégique sera entamée en automne. La cartographie des biotopes et l'inventaire des bâtiments à sauvegarder sont terminés. Il est prévu qu'à l'avenir un seul règlement des bâtisses sera en vigueur dans notre Commune. Un petit groupe de travail regroupant le collège échevinal et certains membres de la commission des bâtisses s'est réuni 4 fois en vue de la préparation d'une modification ponctuelle du règlement des bâtisses en vigueur, afin d'assouplir et d'actualiser certaines dispositions de ce règlement. Espérons que les nouvelles mesures puissent passer par les procédures étatiques dans un délai raisonnable et que les nouvelles dispositions puissent s'appliquer à partir de l'été 2014.*

*Par manque de temps, nous n'avons pas pu continuer avec les travaux portant sur le renouvellement complet du **règlement de circulation**. Dans la deuxième partie de l'année, nous espérons entamer avec ce projet. Nous n'avons pas oublié non plus de moderniser notre **présence sur Internet**. L'implémentation des anciens programmes administratifs de la Commune dans le nouvel environnement informatique du Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique (SIGI) prend beaucoup de temps et nous remercions vivement les fonctionnaires communaux de leur patience et de leur dévouement dans ce contexte!*

*Chères concitoyennes et chers concitoyens, du 27 décembre 2012 à aujourd'hui, les membres du conseil communal se sont réunis 5 fois dans une réunion du conseil et 3 fois dans une séance de travail!*

*Le 1er juillet 2013, le conseil communal a passé toute une journée pour visiter les chantiers communaux ainsi que les infrastructures communales, notamment celles assurant l'approvisionnement en eau (station d'épuration, pompes d'eau au Mullerthal, réservoir d'eau central à Haller, captage des eaux de source au Mullerthal, etc.).*

*Nous remercions tous les conseillers pour la collaboration fructueuse et leur dévouement! Nous remercions également toutes celles et tous ceux qui se sont engagés professionnellement ou volontairement au sein de notre commune au cours de cette première moitié de l'année 2013!*

*Nous vous souhaitons d'excellents moments de détente pendant cet été!*

*Portez-vous bien!*

*Votre conseil échevinal,*  
**Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen et Jean-Luc Schleich**





## DEN DECKEL VUN DËSEM "DE FUUSS"

Den Deckel vun dësem „DE FUUSS“ ass d'Resultat vun engem **Molconcours an der Maison relais**.

D'Iddi vum Concours war, fir de Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, ze zeechnen, wat hinnen afält, wann si un eis „Meng Gemeng“ denken. All Kéier nom lessen konnten déi Kanner, déi fräiwëlleg bei dësem Concours matmaache wollten, sech an ee Sall zréckzéien, fir e Bild ze molen. 23 Kanner vum Cycle 2.1 bis 4.1 hu matgemaach, a mir hunn nëmme ganz schéi Biller erakritt. Wéi bei all Concours konnt et leider och hei just dräi Gewënner ginn, an déi goufe vun engem Jury aus Gemengerotsmemberen, der Gemengenadministration a Verantwortleche vun der Maison relais erausgesicht.

1. Präiss: Gary Berens, cycle 4.1
2. Präis: Alicia Veiga, cycle 3.2
3. Präis: Ana-Beatriz Vieira, cycle 3.2

Interessant war ze gesinn, wat d'Kanner gemoolt hunn, wéi se un „hir Gemeng“ geduecht hunn. Den Hentgesbau gouf natierlech ganz dacks gezechent, mais och de Fuuss, de Michel Rodange, de Schéissendëmpel an de Fuussepad goufen an deene schéinste Faarwen gemoolt.

Mir wëllen alle klenge Kënschtler op dëser Plaz ee grouse Merci soen, fir déi vill schéi Biller!

De 15. Juli 2013 kruten déi glécklech Gewënner ee Präis an een Diplom iwwerrecht, a Präsenz vun de Kanner aus der Maison relais, der Chargée de la direction an den Educatricen aus der Maison relais an dem Schäfferot. (L.S.)

*La page de couverture de ce numéro du „DE FUUSS“*

*La page de couverture du «DE FUUSS» est le résultat d'un **concours de dessin organisé à la Maison relais**.*

*À l'issue des déjeuners, les enfants ont eu la possibilité de se retirer dans une salle à part pour créer à leur guise un dessin autour du sujet «Ma Commune». 23 enfants du cycle 2.1 au cycle 4.1 ont participé au concours et beaucoup de chefs d'œuvres ont été remis. Un jury composé de membres du conseil communal, de fonctionnaires de l'Administration communale et de responsables de la Maison relais a choisi les vainqueurs, à savoir:*

1. Präiss: Gary Berens, cycle 4.1
2. Präiss: Alicia Veiga, cycle 3.2
3. Präiss: Ana-Beatriz Vieira, cycle 3.2

*Il a été très intéressant de voir quels motifs les enfants ont choisi pour leurs dessins. La maison communale a été représentée à de multiples reprises, de même que le renard «De Renert», de même que Michel Rodange, le «Schéissendëmpel» ou le «Fuussepad».*

*Nous tenons à remercier tous les petits artistes ayant participé à notre concours de leurs chefs d'œuvres!*

*La remise des prix a eu lieu le 15 juillet 2013 à la Maison relais en présence des enfants de la Maison relais, de la Chargée de la direction et des Educatrices de la Maison relais ainsi que des membres du collège échevinal.*

**(L.S.)**

*V.l.n.r : Gary Berens, cycle 4.1 – 1. Präis; Alicia Veiga, cycle 3.2 – 2. Präis, Ana-Beatriz Vieira, cycle 3.2 – 3. Präis*

*V.l.n.r : Jean-Luc Schleich, Joëlle Leuchter, Andrée Henx, Gary Berens, Srege Boonen et Ana-Beatriz Vieira. D'Alicia Veiga war deen Dag nèt an der Maison relais.*



# IN TE RN

INFOS INTERNES





## MIR SOEN EE GROUSSE MERCI FIR ÄREN ASAZ FIR D'GEMENG!

Fir laangjäreg a verdéngschtvoll **fréier Gemengerotsmemberen** ze éieren, hate sech tëscht de Feierdeeg, de 27. Dezember 2012, d'Memberen aus dem Gemengerot an d'Gemengenadministratioun zu Haler afonnt (de Rot Här Gérard Bender hat sech wéint enger Auslandsrees entschëllegt).

De Schännerot war ganz frou, datt d'Madame Mariette Haas-Minden, den Här Ernest Wagner an den Här Jean-Claude Zinnen an hir Partner senger Invitatioun nokomm sinn, fir ee bëssi zeréckzekucken op déi Leeschtung, déi si dräi a jorelaangem Asaz fir eis Gemeng bruecht hunn. Dësen Owend hat zum Zweck fir hinnen dräi am Numm vum Gemengerot an der ganzer Gemeng de grouse Respekt an déi opriichteg Mercien auszeschwetze fir all déi Joren, wou si immens vill vun hirer Fräizäit an hirem Häerzblutt hierginn hunn, fir fir eis Gemeng an hir Bierger ze schaffen. D'Mariette, den Ern an de Jean-Claude hu sech mat Ausdauer an Idealismus agesat fir d'Besoinen a fir d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun alle Bierger aus eiser Gemeng. Hiren Asaz huet eis Gemeng virubuecht an d'Gemeng wäert si a gudder Erënnerung behalen an hinnen dankbar sinn, fir déi vill privat Zäit, an där si sech fir eis all agesat hunn. Dat, wat d'Gemeng Waldbëlleg haut ass, ass mat Sécherheet och hire Verdéngscht!

D'Gemengepolitik ass een Hobby, dee vill Zäit an Nerve kascht, an et kritt ee méi dacks Reklamatioune, wéi Luef. D'Mariette, den Ern an de Jean-Claude hunn sech net agesat an eiser Gemeng fir ee Merci ze kréien, mais well si den néidegen Idealismus haten, eng Loscht an eng Leidenschaft, fir fir dës Gemeng an hir Bierger ze schaffen. Si wollten eppes bewegen, an net nëmmen nokucken oder fuerderen. Si hu mat ugepak an dat soll net vergiess ginn!

D'Mariette Haas-Minden war 17 Joer am Gemengerot, dovunner 12 als Schäffin a bal 6 als Conseillère!  
Den Ern Wagner huet den 1. Januar 1988 am Gemengerot ugefaang a säin Asaz huet ganzer 24 Joer gedauert!  
De Jean-Claude Zinnen war 11 Joer am Gemengerot!

An enger klenger Usprooch huet de Buergermeeschter hinnen offiziell Merci gesot an hinnen dräi eng kleng Opmierksamkeit iwwerrecht. Och gouf bei där Geleeënheet profitéiert, fir hire Partner ee grouse Merci ze soen, fir hir Gedold, déi si opbruecht hunn, fir all déi Zäit, wou déi dräi net doheem waren, mais fir eis Gemeng geschafft hunn. De fréiere Buergermeeschter Gérard Bender hat och ee puer léif Wierder un déi dräi Éieregäscht adresséiert, déi bäi där Geleeënheet virgelies goufen. Bei engem gudden Maufel an engem passende Patt si vill Erënnerungen ausgetosch ginn an et ass vill a gutt gelaacht gi bei Anekdoten aus enger laanger Déngschtzäit fir d'Gemeng Waldbëlleg.

Dem Mariette, dem Ern an dem Jean-Claude sief op dëser Plaz och nach eng Kéier ee grouse Merci gesot fir hiren Asaz an hir gutt Aarbecht, a mir wënschen hinnen all Guddes fir hir Zukunft, vill Freed an Erfëllung bei anere Projet'en an Hobbyen, a virun allem eng gutt Gesondheet!

(L.S.)

15

V.l.n.r.: Jean-Claude Zinnen & Ernest Wagner

Riets: Mariette Haas-Minden





## EE GROUSSE MERCI FIR EEN IMMENSEN DÉNGSCHT FIR D'ALLGEMENGHEET!

Den 1. Januar 1994 gouf den **Här Gérard Bender** Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg. 18 Joer laang huet hien d'Geschécker vun eiser Gemeng geleet, an daat op eng exemplaresh Art a Weis.

A senger Amtszäit sinn déi meescht grouss Infrastrukturprojeten, esou, wéi mir se haut kennen, an der Gemeng realiséiert ginn. Fir den Hentgesbau, d'Schoul an d'Sportshal an nach vill aner Projeten huet hien verantwortlech gezechent. Hien huet eis Gemeng viru bruecht an zu deem gemaach, wat se haut ass. Duerch säin ongebremsten Äifer an eng grouss Leidenschaft, war him keng Auerzäit a keen Dag ze schued fir sech fir seng Gemeng anzesetzen. Hien huet an deenen 18 Joer derfir gesuergt, datt mir eng modern Gemeng gi sinn, wou de Bierger gutt lieve kann.

Säin Zäit als Buergermeeschter wäert net vergiess ginn a mir wëllen him hei eise grouse Respekt an eis Dankbarkeet erweisen, fir seng immens Leeschtung fir eis Gemeng. Dat, wat hien geschafft huet ass grandios a vill Anerer kënnen sech dorunner ee Beispill huelen.

De 27. Januar 2013 huet den Här Bender décidéiert fir, no engem Joer als Conseiller an no 19 Joer Gemengepolitik, ee Schlusstréch ënner säin Engagement fir seng Gemeng ze setzen.

(L.S.)







## HÄERZLECH WÈLLKOMM BEI EIS!

Den 1. Februar 2013 gouf eis Administratioun duerch d' **Madame Martine Dimmer** vu Gonnereng verstärkt. D'Martine Dimmer, Joergang 1970, huet vum Oktober 1992 bis den 1. Februar dëst Joer an der ASTA (Administration des Services Techniques de l'Agriculture) geschafft, an huet deemno eng laangjäreg Erfahrung als administrativ Beamtin.

Duerch ee ministeriellen Accord konnt d'Madame Dimmer vum Staat bei eis Gemeng wiesselen. Mir wëllen si häerzlech Wëllkomm heeschen a mir si frou, datt si eis Administratioun elo verstärkt!

D'Madame Dimmer suivéiert nach verschidden gemengespezifesch Coursë fir an Zukunft den Examen vum Gemengesekretär maachen ze kënnen. Wann eisen gudden Nico Schlammes eng Kéier an d'Pensioun muss goen, dann wäert d'Martine säi Posten iwverhuelen. De Moment si mir frou an dankbar, datt den Nico Schlammes nach net esou dacks u seng Pensioun denkt, an datt d'Martine sech esou ënner ideale Konditiounen an d'Gemengewelt aliewe kann.

De 16. Juli 2013 gouf d'Martine Dimmer als Gemeindebeamtin vereedegt, an no der Gemengerotssëtzung gouf beim Patt a beim klengen Maufel op eis nei Beamtin ugestouss.

Mir wënschen dem Martine vill Freed a berufflech Erfëllung bei eis an der Gemeng Waldbëlleg!

(L.S.)



## MIR SOE MERCI FIR DÉI LAANGJÄHRËG ËNNERSTËTZUNG!

Den 22. Februar 2013 hu sech d'**Madame an den Här Nathalie a Serge Schroeder** vu Waldbëlleg, de Schäfferot an eng Delegatioun aus der Administratioun getraff bei Geleeënheet vun enger klenger Feierstonn fir dem Me Schroeder Merci ze soen fir säi laangjäregen Déngscht un der Allgemengheet!

De Serge Schroeder, senges Zeechens Riichter um Verwaltungsgericht, ass zanter Joer an Dag Sekretär vun eiser Bautekommissioun an zeechent verantwortlech fir déi juristesche präzis Formulierung vun den Avisa vum darselwechter Kommissioun. Dat ass keen einfachen Exercice, an den Här Schroeder mécht dat zanter Joeren op eng exemplaresch Manéier! Et gëtt bal kee Bauprojet bei eis an der Gemeng, iwver deen de Serge Schroeder net een Avis geschriwwen huet. Wann de Me et fäerdeg bréngt, aus der Diskussioun eraus den Avis sou präzis ze formulieren, an dat Wesentlech op de Punkt ze bréngen, dann ass dat schon eng Leeschtung!

Doriwwer eraus leescht de Me Schroeder der Gemeng gären Hëllef, wa si eng Fro juristescher Natur huet, an och nach onentgeldlech. Et ass duerfir mol un der Zäit gewiecht, fir him fir all déi Aarbécht Merci ze soen. D'Gemeng ass frou, datt si sou eng gutt, frëndschafleech a kompetent Hëllef an der Persoun vum Me Schroeder huet.

Beim "Gudde Kascht" an engem schmackhafte Patt gouf dem Serge Schroeder eppes Klenges iwverreecht, wat Läif a Séil zesummen hält.

(L.S.)





## D'WAASSERVERSUERGUNG AN DER GEMENG WALDBËLLEG - ELO AN AN ZUKUNFT

D'Gemeng Waldbëlleg ass zanter Joren beméiht d'Waasserqualitéit ze erhaalen. Duerch Düngeberodung an der Landwirtschaft an duerch d'Erstellen vum Dossier zur Ausweisung vun enger Quelleschutzzone an eiser Gemeng, gët ganz enk mam Waasserwirtschaftsamt doru geschafft. De Quelleschutz ass ee wichtège Faktor fir déi gudd aktuell Qualitéit vun eisem Waasser och an Zukunft erhalen ze kënnen.

Nieft dem Quelleschutz ass d'Erhalen an den Ausbau vun eise Waasserinfrastrukturen een zentrale Punkt vun der Waasserpolitik bei eis an der Gemeng.

Mam SIDEST (Ofwaassersyndikat Osten) gët an den nächste Joren eng Étude erstellt fir d'Kläranlagen Waldbëlleg a Chrëstnech ze erneieren. Dës zwou Kläranlagen aus de Joren 1978 an 1979 schaffen elo schon iwwert hirer eigentlecher Kapacitéit (2 mol 500 Einwohnergleichwerte, waat ongeféier enger Kapacitéit vun 250 Haushalter entsprécht.). D'Definitiou vu Reewaasser-Axen, déi zum Zweck hunn fir d'Reewaasser bei der Versigelung vu Flächen duerch Bebauung an d'Baach ze kéieren, an nët duerch den Ofwaasserkanal an déi schon iwwerlaaschte Kläranlagen, sinn eng weider Facette vun der gesamter Waasserprojektioun. Eng Etude iwwert den Zoustand vum Ofwaassernetz ass am Gaang (gouf scho virun e puer Joer ugefaang) a wäert Réckschlëss bréngen iwwert zukünftég néidég Investitiounen am Ofwaasserberäich.

Waat d'Infrastrukturen vum Dréinkwaasser ugeet, sou leeft daat de Moment, ganz vereinfacht formuléiert, esou, datt d'Gemeng Waldbëlleg all hiert d'Dréinkwaasser aus der Quell Härebou 1 am Mëllerdall hëllt (cf. Photo Captage Härebou 1). Vun der Quellenerfaassung leeft d'Waasser bis an d'Pompelwierk Mëllerdall (cf. Photo vum Pompelwierk Mëllerdall), wou 3 Pompelen (cf. Photo vun de Pompelen) d'Waasser duerch eng eenzég Leitung bis op Haler (beim Seitert) an den Zentralbehälter bréngen. Vun do aus ginn dann Haler, Chrëstnesch a Waldbëlleg mat Waasser versuergt. Fir Waldbëlleg gët et nach een zousätzleche Behälter an der rue André Hentges op der Kopp (op aaner Waasserbehälter gët elo hei nët agaang). Suelbour an de Freckeisen ginn nët mat Mëllerdallerwaasser versuergt, mais äus enger Quell vu Suelbour. D'Quellen Schiessentümpel I an II versuergen Beefort ganz mat Waasser an zu engem ganz klengen Deel kritt och nach Bäertrëff doraus Waasser geliwwert. Um Schema op de Säite 22 - 23 gesitt Dir wéi de System de Moment funktionnéiert a wéi geplangt ass, de System fir d'Zukunft ze verbesseren an ofzesécheren. Doriwwer eraus sollen Suelbour an de Freckeisen an Zukunft mat Waasser aus dem Mëllerdall versuergt ginn. Waasser ass méi wéi genuch am Mëllerdall, mais et muss gekuckt ginn, wéi een d'Quellen esou matene verbanne kann, datt och dem Wuesstum vun eiser Gemeng ka Rechnung gedroe ginn.

Déi Investitiounen déi geplangt sinn strecken sich iwwer Joren, an de Gesamtprojet wäert ganz sécher iwwer dës Legislaturperiode eraus goen, wann ee bedenkt, wéi laang hei zu Lëtzebuerg d'Prozeduren daueren.

An enger méi detaillierter Form geet den Artikel vun den Ingenieuren vun Daedalus (Hiefenech) op de nächste Säiten op déi Planungen an.

Op de Säite 24-29 publizéiere mir déi lescht Waasseranalysen vum 5. Juni 2013, mat de jeweilégen Erklärungen, fir dat verstoen ze kënnen.

(L.S.)



Captage Härebou 1



Pompstatioun Mëllerdall



Waasserpompelen Mëllerdall



## WASSERVERSORGUNG IN DER GEMEINDE WALDBILLIG – DIE ZUKUNFT BEGINNT JETZT!

Die Gemeinde Waldbillig beabsichtigt die Wasserversorgung von Savelborn und Freckeisen zu verbessern und die Trinkwasserversorgung der gesamten Gemeinde und Ihre Verbrauchsstruktur zu analysieren und bei Bedarf zu optimieren.

### Erfassung der vorhandenen Infrastruktur:

Im ersten Schritt wurde die bestehende Wasserversorgung, mit den zugehörigen Quelfassungen und Wasserspeichern, in der Lage und in der Höhe, erfasst und in Schemaplänen dargestellt. Anhand dieser Pläne können u. a. Aussagen zu bestehenden Druckverhältnissen und zu Schwachstellen getroffen werden. Zudem wurde in diesen Plänen die angrenzende Wasserversorgung des Syndikats Savelborn – Freckeisen sowie im Anschluss auch der Administration Communale (AC) Vallée de l’Ernz schematisch dargestellt um syndikats-übergreifende Möglichkeiten zu betrachten.

### Erfassung und Bewertung derzeitiger und zukünftiger Wasserbedarf:

Hierzu wurde der momentan vorhandene Wasserverbrauch ermittelt und anschließend für die Zukunft hochgerechnet. Dabei wurde jeweils der durchschnittliche Tagesverbrauch (Qd) und der minimale (Qd,min) und maximale (Qd,max) Jahresspitzenverbrauch berechnet, da beide Werte für die Auslegung der Wasserversorgung und der Wasserspeicherung von Bedeutung sind.

Für die Hochrechnung des zukünftigen Wasserbedarfs wurde das Jahr 2040 gewählt, da die Wasserversorgungsanlagen für die nächsten 25 bis 30 Jahre auszulegen sind.

Entwicklungen, die zu Verbrauchserhöhungen führen, wurden dabei in enger Absprache mit der Gemeinde aus den PAG Plänen abgeleitet. Zudem wurden mehrere Vergleichsrechnungen, z. B. über angenommene jährliche Bevölkerungszunahmen, ermittelt und verglichen.

Die Verbräuche in Müllerthal unterliegen auf Grund der touristischen Nutzungen (Campingplatz, etc.) sehr starken Schwankungen. Die durchschnittlichen Tagesverbräuche in Müllerthal (Qd) liegen zwischen i. M. 10 m3 pro Tag in den Wintermonaten und i. M. ca. 200 m3 in den Sommermonaten.

### Die Hochrechnung der Einwohnerzahlen (derzeitige EW, Stand 2012) für das Jahr 2040 erfolgte wie folgt:

<b>Haller:</b>	<b>346 derzeitige EW</b>	<b>+ 120 neue EW</b>	<b>=</b>	<b>466 EW</b>
<b>Waldbillig:</b>	<b>466 derzeitige EW</b>	<b>+ 99 neue EW</b>	<b>=</b>	<b>565 EW</b>
<b>Christnach:</b>	<b>587 derzeitige EW</b>	<b>+ 168 neue EW</b>	<b>=</b>	<b>755 EW</b>

**Summe: 1399 derzeitige EW + 387 neue EW = 1786 EW**

*Dies entspricht einem möglichen Zuwachs von 27,7 %.*

Der Verbrauch für den Golfplatz, Camping und Großvieh / Landwirtschaft wurde gleichbleibend angenommen. Der hochgerechnete Wasserverbrauch im Jahr 2040 wurde mit dem derzeit vorhandenen Trinkwasserdargebot (vorhandene Trinkwassermenge) verglichen. Dabei wurde festgestellt, dass dem derzeitigen Wasserdargebot von Qd = 963 m3 aus der „Source Härebur“

Wasserverbräuche AC Waldbillig  
Gegenüberstellung 2012-2040

Wintermonate	Tagesverbrauch (m3)					
	Qd-2012	Qd-2040	Qd,min-2012	Qd,min-2040	Qd,max-2012	Qd,max-2040
Ortslage						
Haller	67,3	65,3	45,5	57,8	100,0	127,0
Waldbillig	86,6	101,6	59,9	70,0	130,1	157,3
Christnach	87,1	112,5	58,8	75,7	131,0	168,8
Zwischensumme:	241,4	299,4	164,2	203,3	362,0	449,0
Müllerthal	10,0	10,0	8,0	8,0	15,0	15,0
Summe:	251,4	309,4	172,2	211,3	377,0	464,0

Sommermonate	Tagesverbrauch (m3)					
	Qd-2012	Qd-2040	Qd,min-2012	Qd,min-2040	Qd,max-2012	Qd,max-2040
Ortslage						
Haller	81,0	99,0	64,4	79,7	144,3	180,3
Waldbillig	97,8	112,6	88,1	100,7	169,0	198,6
Christnach	179,2	203,3	107,8	127,2	252,8	313,7
Zwischensumme:	358,0	414,9	259,3	307,6	576,1	692,6
Müllerthal	200,0	200,0	134,0	134,0	286,0	286,0
Summe:	558,0	614,9	393,3	441,6	862,1	978,6

Am **Badminton** ass d'**Kim Schmidt** 2013 Landesmeeschterin bei de Superminimes am Badminton ginn ass.

D'**Sarah de Nutte** huet am **Dëschtennis** 3 Goldmedaillë bei de Spiller vun de klenge Staaten zu Lëtzebuerg gewonnen an ass 2013 Landesmeeschterin am Double mam Tessy Gonderinger ginn, an dat fir déi 4. Kéier hannereneen.

De **Ben Weber** aus dem Restaurant „Gudde Kascht“ vun Haler ass **Kach vum Joer 2013 vu Lëtzebuerg** ginn, nodeems hien dat lescht Joer Kach vum Joer an Italien gi war. Hien hält och dëst Joer an Ungarn un den Ausscheidung fir d'Weltmeeschterschaft deel.

Am Sport gouf dunn nach matgedeelt, datt d'**Liane Beckené** déi 2. Plaz gemaach huet bei de Landesmeeschterschaften am **Kugelstoussen** an am **Hummergeheien.**

Am **Liichtathletik** Challenge Tageblatt fir Débutants (Serie vun 8 Meetinge vu verschiddene Liichtathletik Disziplinne – 50 Meter Sprint, 800 Meter-Laf, Wäitsprong, Héichsprong a Ballwerfen) huet de **Jang Winandy** d'Bronzemedail a senger Altersklasse gewonnen.

Ganz geselleg a lëschtég gouf den Nationalfeierdag gefeiert bis an déi déif Nuecht eran.

D'Gemeng seet alle Leit an alle Veräiner, déi bei dëser Geleeënheet matgehollé hunn ee grouse Merci! Besonnesch dem Gesangveräi Sang mat Waldbëlleg-Haler een häerzleche Merci, datt si sech deem Owend dem de gesanglëchen Encadrement am TE DEUM mais awer och ëm de Maufel an de Patt bekëmmert hunn.

(L.S.)



# SCH OU L

ÉCOLES





## „EIS MEENUNG“

### Mir hun e Schülerparlament!

Zënter September 2012 huet d'Schülerparlament „Eis Meenung“ eng fest Plaz am schouleschen Alldag, sou wéi mir eis dat an eisem PRS (plan de réussite scolaire) als Zil gesat hunn.

Un dësem Parlament huelen 2 Verrieder pro Klass deel an diskutéieren Problemer an organiséieren Aktivitéiten fir d'Schoulgemeinschaft. Dës Verrieder ginn vun hire Matschüler gewielt.

An der éischter Sitzung um Schoulufank gëtt ausserdeem e Präsident an e Sekretär gewielt. De Präsident leet d'Séizungen, de Sekretär schreift e Rapport, deen an de Klasse virgelies gëtt. D'Mandat dauert bis zum Enn vum Schouljoer. D'Verieder hunn sech dëst Joer all 1. Donneschdeg vum Mount während de Schoulstonnen getraff a sinn vun e puer Enseignanten begleet ginn.

Sou huet „Eis Meenung“ am Januar e Limbo-Concours an de Pausen an d'Liewe geruff an eist Schoulfest am Juni ënnert dem Thema „Altes Ägypten“ matorganiséiert. Donieft hunn d'Verieder eng Stëppsammelaktioun lancéiert.

Als Ofschloss vun dëser „Amtszäit“ ass d'Schülerparlament op d'Gemeng an de Séizungssall invitéiert ginn a konnt do un engem interessanten Austausch mam Verrieder vun der Gemeng, dem Buergermeeschter Jean-Luc Schleich, deelhuefen.





# E STOPP FIR DE MUPP!

## ËM WAT GEET ET?

Et geet drëm all Zorten vun Plastiks-Stëpp ze sammelen. Dës Stëpp keeft Valorlux eis of fir **250,00 € PRO TONN.**

Den Erléis vum Verkauf vun dëse Stëpp erméiglecht dann d'**AUSBILDUNG VUN ENGEM BEGLEEDHOND FIR BEHËNNERT LEIT** ze finanzéieren.

Esou eng Ausbildung kascht 13.000,00 Euro, an dofir muss een 52 Tonnen Stëpp oder +/-35.000.000 Stëpp sammelen.

## DOFIR MAACHT OCH DIER MAT, A SAMMELT FLÄISSEG STËPP!

Dir kënnt se an der Entrée fir an d'Maison Relais oder an der Sportshal ofginn.

Mir hoffen op är Hëllef kënnen ze zielen a soen am Virus MERCI

D'Kanner vun der Grondschoul Michel-Rodange



## AUF DEN SPUREN DER ERSTEN LUXEMBURGER

Am 25. Februar sind wir, die 5. Klasse, Cycle 4.1a, mit Herrn Ewers im Mullerthal auf den Spuren der ersten Luxemburger gegangen, denn sein „Hobby“ ist die Steinzeit, na ja über sie zu forschen. Er hat auch schon originale Pfeilspitzen gefunden!

Am Loschbuer zeigte er uns Zeichnungen an Felsen, aber er erklärte uns auch, dass hier das Skelett des ältesten Menschen Luxemburgs von Nic Thill aus Heffingen gefunden wurde. Die Forscher schätzen, dass er vor etwa 8.100 Jahren gelebt haben muss. Und warum das Skelett noch so gut erhalten war ist einfach! Neben dem Loschbuer ist ein kleiner Bach in dem Kalk enthalten ist und der Kalk umschloss das Skelett und so versteinerte es und blieb erhalten. Es wurden auch noch andere Überreste von einem Menschen gefunden, aber es handelt sich um den Leichenbrand eines Menschen, der zuerst verbrannt und nachher begraben wurde. Dieser Mensch lebte etwa 800 Jahre früher. Das Skelett befindet sich heute im Museum für Kunst und Geschichte in der Stadt. Am Loschbuer wurden auch 2 besondere Muscheln gefunden in die ein Loch gebohrt war, wahrscheinlich um sie zu einer Kette zu fädeln. Nic Thill fand auch noch viele andere Sachen. In der Schule zeigte Herr Ewers uns noch andere Steine und Spitzen.

Das war ein aufregender Tag am Loschbuer nahe der Reilander Mühle im Müllerthal.

**Frederiek Oosthoek und Julie Moyon**

Cycle 4.1a



## LE PLUS VIEIL HOMME DU LUXEMBOURG

Le 25 février, nous nous sommes rendus au Mullerthal avec Monsieur Ewers de Haller.

Là, nous avons appris qui a trouvé le plus vieil homme du Luxembourg. C'était Monsieur Nic Thill de Heffingen qui a trouvé en 1936 une tombe avec un squelette entier d'un homme du mésolithique qui a vécu il y a 8100 ans. Ce squelette a été trouvé près du « Loschbuer » et se trouve maintenant au musée national d'histoire et d'art à Luxembourg-Ville.

Après l'excursion, Monsieur Ewers nous a montré des pierres du temps mésolithique. Il y a trois pierres taillées qui ont été très importantes pour les gens du mésolithique : le grattoir, le burin et la pointe de flèche.

Avec le grattoir, les gens ont nettoyé la peau des animaux chassés. Avec le burin, ils ont percés des trous dans les peaux pour coudre des vêtements et avec les pointes de flèche, ils chassaient le gibier.

C'était très intéressant et j'ai bien aimé.

**Maud Moulin**

Cycle 4.1a





## ABENTEUER AUF DEM LOSCHBUR

**Wir waren am Mittwoch, den 27.02.2013 mit dem Lokalhistoriker Marcel Ewers aus Haller zum Loschbur.**

Beim Loschbur wurden zwei Menschen beerdigt. Das Skelett ist wahrscheinlich bekannter als die Aschereste. Das Skelett wurde 1936 von Nicolas Thill entdeckt. Damals gruben dort mehrere Leute, darunter auch Nicolas Thill. Nicolas Thill war Lehrer in Otringen und gebürtig aus Heffingen. Als man dann am Loschbur weitergegraben hat, wurden auch Reste von Asche und verbrannte Knochen gefunden. Erst später hat man herausgefunden, dass dieser Leichenbrand von einem zweiten Menschen stammt.

Das Skelett ist sehr gut erhalten, die Datierung ergab ungefähr 8100 Jahre (das war in der Mittelsteinzeit) und stammt von einem erwachsenen Mann. Das Skelett ist so gut erhalten, weil es in einer Grube lag und der Bach namens Loschbur damals am Felsen vorbeifloss. Das sehr kalkhaltige Wasser aus diesem Bach scheidet am Unterlauf den Kalk in Form von Kalktuff aus. Wäre das nicht der Fall gewesen, wäre es nicht so gut erhalten.

Der Leichenbrand stammt von einer Person, die aber ungefähr 800 Jahre älter ist. Damit ist es der älteste Luxemburger, der je gefunden wurde. In der Asche wurde auch eine durchbohrte Muschel gefunden, die aus der Gegend von Paris kommt.

Beim Loschbur wurden auch Werkzeuge gefunden, die retouchiert waren, das ist wenn (wie hier zum Beispiel) der Stein mit einem Retoucheur aus Stein oder einer Geweihstange in die gewünschte Form geschlagen wird.

Wir haben es wie die meisten anderen Kinder sehr interessant gefunden und viel dazugelernt.

**Zohra Barthelemy und Nina Peckels**

Cycle 4.1 b





## COUPE SCOLAIRE 2013

**Am 11. Mai 2013 fand in den Straßen von Christnach die diesjährige Coupe Scolaire Circulation statt.**

Insgesamt 46 Kinder nahmen teil, was eine Beteiligung von 85 % darstellt. Rund 40 freiwillige Helfer, die Elternvereinigung, die Feuerwehr, der Rettungsdienst aus Larochette und die Polizei Echternach sorgten für einen reibungslosen Ablauf.

Am Ende standen 3 Gewinner fest:

Cycle 4.1a: Maud Moulin, Cycle 4.1b: Nina Peckels,  
Cycle 4.2: José Antunes Santos

Beim Malwettbewerb, der gleichzeitig stattfand hießen die Gewinner:

Cycle 4.1a: Gary Berens, Cycle 4.1b: Mina Barthel,  
Cycle 4.2: Pol Kremp (C4.2)

**Vielen Dank** an dieser Stelle auch der Gemeinde für ihre finanzielle und logistische Unterstützung und den vielen Helfern für ihren Einsatz.



## DE "RÉNERT CUP"

E Mëttwoch, den 29. Mee huet d'Maison Relais schon hiiren 6ten Futtballsturnéier fir Maison Relais'en an der frësch renovierter Sportshal organiséiert. Ennert dem Num „Rénert-Cup“ haat den Tournoi wéi all Joer ee grousse Succès.



Ronn 100 Kanner aus den Maison Relais'en vum Housen, Jonglënster, Waasserbëlleg an Waldbëlleg hun beim „Rénert-Cup“ 2013 matgespillt.



Eis Equipe „Fiissercher“ vun den 6-9 jähregen huet déi 1. Plaz erspillt.



Eisen Buergermeeschter war op der Plaz, fir d'Coupen, déi vun der Gemeng Waldbëlleg gesponsert goufen, ze iwwerrechen!

**Mir hun flott T-Shirten vun eisen Sponsoren TAVARES Da SILVA, DOG DELUXE an JEITZ kritt an soen hinnen Villmools merci!**

**Joëlle Leuchter**



## LESERALLYE DAS ALTE ÄGYPTEN

Am Mittwoch, dem 5. Juni war von 8.00 bis 10.00 Uhr in der Schule Leserallye für das 3. und 4. Schuljahr (Cycle 3) mit dem Thema „das alte Ägypten“ angesagt.

Zuerst wurden die Schüler in fünf Gruppen eingeteilt, gemischt zwischen den zwei Klassen. Diese wurden auf die fünf verschiedenen Stationen verteilt.

### 1. Station

An dieser Station mussten die Kinder aus Kostümstücken, die in einer Kiste lagen, die Kleidung von Pharaos und Pharaonin zusammenstellen.

### 2. Station

Hier hieß es: „1, 2 oder 3?“. Zuerst lasen die Kinder einen Text über die Pyramiden von Gizeh. Als alle den Text gelesen hatten, wurden Fragen gestellt. Den Spielern wurden 3 Antworten angeboten und sie mussten sich auf das richtige Antwortfeld begeben. Wenn man auf dem richtigen Feld stand, durfte man sich eine Büroklammer nehmen. Am Ende gewann derjenige mit den meisten Klammern. Oft haben mehrere mit der vollen Punktzahl gewonnen und bekamen ein Bonbon.

### 3. Station

An diesem Ort bekamen die Schüler zuerst das erste Kapitel des Buches „Die Zeitdetektive – Geheimnis um Tutanchamun“ als Hörspiel vorgespielt. Danach mussten sie eine Fortsetzung schreiben.

### 4. Station



Hier mussten die Kinder kleine Textstücke und Bilder in die richtige Reihenfolge bringen. Am Ende erzählte der Text die Herstellung von Papyrus.

### 5. Station

An dieser Station mussten die Kinder aus alten Büchern Pyramiden bauen. Die Kinder wurden in zwei Gruppen aufgeteilt. Es gab drei Tische. Der in der Mitte lag voll mit Büchern. Die anderen beiden Tische waren leer. Jede Kindergruppe begab sich an einen leeren Tisch. Während des Spiels mussten die Kinder sich die Bücher holen und an ihrem Tisch eine möglichst schöne Pyramide erbauen. Gewonnen hatte die Gruppe, die als erste eine anständige Pyramide gebaut hatte.

Nachdem jede Gruppe jede Station durchlaufen hatte, ging der Schultag normal weiter.

**Christophe (C.3.2)**





## SCHULFEST 2013

Am 8. Juni fand unser Schulfest im Hof der Waldbilliger Grundschule statt. Thema war: „das alte Ägypten“. Wie jedes Jahr gab es viele Spiele für alle, wie zum Beispiel: ein Labyrinth, ein Riesenmemory, Schmeckspiele, „Wer bin ich?“, Schatzsuche im Sand, Riesensenet, Riesenpuzzle, Lehrer abschießen, ein Transportspiel, Pyramiden bauen und eine Schminkstation. In einer gemütlichen Ecke wurden Geschichten vorgelesen.

Für Verpflegung war ebenfalls gesorgt. Neben den ägyptischen Spezialitäten wie „Falafel“ und „Foul“ wurden Fleisch vom Grill und Gebäck angeboten. Den Kindern servierte man Softdrinks und Wasser, die Erwachsenen konnten zusätzlich zwischen Cocktails, Bier und Sekt auswählen.

Die Schüler haben auch an einer Tombola mitgearbeitet. Viele Kinder haben etwas von zuhause mitgebracht. Im Bastelunterricht hatten die einzelnen Klassen Schmuck, Dekoration und kleine Spiele hergestellt, die jetzt an einem Stand verkauft wurden.

Gegen 16.00 Uhr erfreuten die Kinder der Zyklen 1 und 2 die Anwesenden mit einem kleinen Konzert. Zu guter Letzt wurde das Schätzratespiel um den Preis des ägyptischen Korbes (Corbeille) aufgelöst und der Gewinner bestimmt. Das Fest fand ein schnelles Ende als ein Gewitter aufzog und es anfang zu regnen und zu donnern. Welches Thema werden wir uns wohl für das nächste Jahr einfallen lassen?

**Dominique (Nono), Mayari, Nadja, Benjamin, Christophe, Felix und Noah (C.3.2)**





## SCHOULÄUSFLUCH CYCLE 2

D'Kanner vum Cycle 2 aus der Grondschoul waren den 21. Juni op hieren Schoulausflug. Si hunn e flotten Dag am Betebuerger Park verbruecht.



*Classe Cycle 2.1*



*Classe Cycle 2.2*



## NATURLÉIERPAD WALDBËLLEG

Säit e puer Méint gesinn d'Vertrieder vum Schäfferot, de Feeschter an d'Joëlle an de Claude aus der Schoul sech regelmäseg fir um Konzept vun engem Naturléierpad ze schaffen. Dëse soll aus verschiddene Site bestoen, déi all e Schwéierpunkt behandelen, wéi z.B. d'Liewen an der Heck, de Fiichtbiotop, de Gaart an anerer...

Schon a kuerzer Zäit konnten, virun allem ronderëm d'Schoulen, e puer Projeten ëmgesat ginn. Sou ass e Kräidergaart ugeluecht ginn, Nistkëschtchen si gebaut an opgehaange ginn, e kleng Weier ass ausgebagert an duerch e Steg verschéinert ginn, Hochbeeter mat Buedem gefüllt an ugeplant ginn, dëst alles mat der Hellëf vum Feeschter a senge Leit, mee natiirlech och, an dëst mat vill Begeschterung, mat de Schoukanner an hire Léierinnen an Schoulmeeschteren.

Am Moment gëtt un de Panneau geschafft, déi d'Madame Ann-Kathrin Wirth entwerft an déi op verschiddene Plaze sollen Erklärungen zum jeweilige Thema ginn.

Dëse ganze Projet ass laangfristeg ugeluegt a mir freeën eis op weider flott Iddiën a soe Merci fir déi gutt Zusummenaarbecht!

### Joëlle Niederweis



V  
...ER  
ÄI  
NER

ASSOCIATIONS







## KONVENIAT VUN DER « AMICALE VUN DE CHRËSTNECHER EE DEMEN »

[mywort.lu](http://mywort.lu) / 25. Mee 2013

Déi Männer, déi e Meedche vu Chrëstnech bestuet hunn, hunn d'Recht fir Member vun der « Amicale Chrëstnecher Eedemen » ze ginn, déi virun 10 Jar op Initiativ hi vum Pierre Majerus a vum Wyss Jacob an d'Liewe geruff ginn ass. Dëst Jar ass den 10. Gebuertsdag esou richtig gefeiert ginn, an de Wyss Jacob, de Pierre Majerus, de Patrick Schaack an de Charel Schmit haten e flotte Programm zesumme gestallt, dien « ouni Dammen » gemittlech ofgelaf ass. Déi Eedemen, déi d'Chance haten, e Chrëstnecher Meedchen ze bestueden, hu sech e Samsdeg zu Chrëstnech an der Kierch getraff, wou de Père Robert Kuzwela Mulanda eng feierlech Mass zelebriert huet fir déi Eedemen, déi leider net méi ënnert eis sinn. D'Mass ass gesonge gi vun den Eedeme selwer ënnert der Leedung vum Pierre Majerus; d'Uergel ass gespillt gi vum Organist Daniel Mantrisi. De Buergermeeschter Jean-Luc Schleich huet eng flott Receptioun am Hentgesbau zu Bëlleg offrëiert an ëm 13 Auer ass d'essen am « Café-Restaurant Gudde Kascht » zu Haler (Gebakene Berdorfer Kéis an Zalot, Filet vum Kallef mat Pfefferzooss – Gratin a Ratatouille, Schoklasmoelleux a Vanillesglace an duerno Kaffi) zervéiert ginn. Duerno hunn déi Eedemen, déi nach a Form waren, eng Visite guidée vum Renaissance-Schlass vu Befort gemach. An owes ware sech all Eedemen, déi um Konveniat konnten an duerften derbäi sinn, eens, e flotten Dag verbruecht ze hunn a si hunn decidéiert, sech geschwënn erëm ze treffen.

(dd.)





## FC OLYMPIA CHRÛSCHTNECH-WALDBÛLLEG

Wat fir eng Saison ...

Et war net einfach fir d' Jongen vum FCO dës Saison!

No der Wanterpaus stung den FCO ganz gutt do an der Tabell mat 20 Punkten op der 3. Plaz. Duerno ass et an d'Reckronn gaang, den éischte Match waren si spillfräi. Wéinst deem ville Reen a Schnéi war den Terrain nat bespillbar an aus deem éischten spillfräie Weekend sin der ëmmer méi gin a mir hu missen nokuckenwéi all déi aner Veräiner an der Tabell Punktenbäikruten!

Awer du nass et lass gang: zu Pärel 2:0 gewonnen, géint Gilsdorf 1:1 gläich gespillt, zu Reisduerf 3:2 gewonnen, géint Rammerech 2:1 gewonnen, zu Clierf 4:1 gewonnen, géint Heischent 6:0 gewonnen, zu Useldeng 0:0 gläich gespillt, géint Biekerech 5:4 gewonnen, géint d'Fiels 0:2 verluer an de leschten an decisiven Match fir an 2.Divisioun z'avancéieren géint Wëlwerwolz 2:0 gewonnen.

Besser huet keen et konnte nomaachen – en exzellent Resultat no esou engem holpereschen Start!

Resultater		Tabell			
Equipe	Points	Buts A	Buts B	Diff.	Matches
Gilsdrëf	50	61	10	51	20
Krëschtnech	43	51	24	27	20
Fiels	41	46	20	26	20
Useldeng	37	46	39	6	20
Reisduerf	30	43	34	9	20
Rammerech	22	40	43	-3	20
Clierf	21	28	46	-18	20
Pärel	20	30	41	-11	20
Wëlwerwolz	17	22	41	-19	20
Biekerech	17	27	47	-20	20
Heischent	12	20	66	-46	20



Dat ass deen Owend nom Match mat Fierkel um Spiiss bis spéit an d' Nuecht eran gefeiert gin.





Un den Trainer vun der 1. Equipe, de THILL Ronny, en décke MERCI fir seng Aarbecht, heen hält als Trainer op, bleiwt dem FCO awer als Spiller erhale.



Och dem MICHELS Mike, soe mir Äddi an en décke MERCI fir seng jorelaang Aarbecht fir de Veräin. Hien huet als Member vum Comité an als Coach vun der 2. Equipe ëmmer 100 % gin. MERCI Mike.  
Dem langjährege Comité's Member, THOLL Danielle soe mir op dësem Wee och Äddi an e grouse MERCI fir seng onermiddlech gutt Aarbecht iwer all déi Joeren.

## HUES DU LOSCHT FOUSSBALL ZE SPILLEN?

Gläich fänkt déi néi Saison erëm un a wanns du décidéiert bass Foussball ze spillen ... da mell dech bei eis!

**Trainer: DHAMEN Sven**, GSM 691 661 603

Training: 5-6 Joer BAMBINIS Dënschdes an Donneschdes 15h30 -16h30  
7-8 Joer PUPILLES Dënschdes an Donneschdes 16h30 -18h00

Fir all wieder Informatiounen wat d'Jugend betrëfft, kontaktéiert eise President den

**DONVEN Alain**

GSM 621 540 242

E-Mail: donvena@pt.lu



### SAVE THE DATE

22.-25. August 2013

14. September 2013

20. Oktober 2013

22. November 2013

13. Dezember 2013

*TEWES CUP – FOUSSBALLTERRAIN Chrëschtnech*

*JUGENDTOURNEIER – FOUSSBALLTERRAIN Chrëschtnech*

*WËLDIESSEN – CAFETERIA Waldbëlleg*

*BEAUJOLAIS' OWEND – CAFETERIA Waldbëlleg*

*FOOT FOR FUN – SPORTSHAL Waldbëlleg*



## MEHR LEBENSQUALITÄT FÜR DIE ÄLTEREN MITBÜRGER

Artikel aus dem Luxemburger Wort vom 07.03.2013

### Kurzweilige Generalversammlung von « Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg »

Die « Cafeteria » in Waldbillig erwies sich als fast zu klein, als Präsident Pierre Majerus die diesjährige Generalversammlung von « Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg » eröffnete. Er begrüßte die zahlreichen Mitglieder sowie Vertreter der Nachbarsektionen Bech, Befort, Echternach und Nommern und als Ehrengäste Bürgermeister Jean-Luc Schleich und Schöffin Andrée Henx-Greischer. Der Präsident dankte den Mitgliedern für die mannigfache und wertvolle Arbeit, die sie im Laufe des vergangenen Jahres im Interesse des Vereins geleistet hatten. Ein spezieller Dank galt den Gemeindeverantwortlichen für die ausgezeichnete Zusammenarbeit und die finanzielle und technische Unterstützung. Pierre Majerus unterstrich, dass verschiedene gemeinsame Projekte in Planung seien, um dem Motto « Das Alter in die Mitte der Gesellschaft holen » gerecht zu werden.

Aus dem detaillierten Bericht der Sekretärin Irène Schmit-Dahm ging hervor, dass im Verein ein großes Pensum erfüllt wurde, um den Wünschen der Mitglieder nachzukommen. Sie hob besonders folgende Aktivitäten hervor : Organisation von zehn « Portes ouvertes », eines viertägigen Ausfluges nach Graubünden, von Tagesausflügen nach Bernkastel und zum Weihnachtsmarkt nach Trier, der « Journée du Grand Âge », eines Vereinessens mit « Choucroute garnie », von Feiern zum Muttertag, zum Vatertag, zu Ostern und zum Nikolaustag, einer Weihnachtsfeier mit einer « Choucroute garnie », einem Konzert des « Mëlldaller Männerchouer » und einer reichhaltigen Tombola sowie die Teilnahme am Pilgertag zur Oktave nach Luxemburg. Als Highlight der Aktivitäten galt jedoch die erfolgreiche Feier « 25 Jar am Déngscht vum 3. Alter ».

Nachdem die Kassiererin Marianne Diederich-Meyers einen positiven Finanzbericht vorgetragen hatte, dankte sie der Gemeinde für die großzügige finanzielle Unterstützung im Allgemeinen und für die spezielle Hilfe bei « 25 Jar am Déngscht vum 3. Alter » im Besonderen.

Für 2013 sind wieder « Portes ouvertes », die Feiern anlässlich der verschiedenen Feste, die « Journée du Grand Âge », die Pilgerfahrt in die Oktave, eine Schifffahrt mit der « M.S. Marie-Astrid » sowie ein fünftägiger Ausflug in die Savoie vorgesehen. Bürgermeister Jean-Luc Schleich hob die Wichtigkeit des Vereins hervor, deren Ziel es ja sei, die Mitglieder zusammen zu bringen, gemeinsam zu arbeiten und zu organisieren, sich auszutauschen, miteinander sich zu freuen, zu lachen und zu unterhalten. Er ging auf die Zusammenarbeit mit dem Vorstand ein, die im Augenblick hauptsächlich darin bestehe, Projekte auszuarbeiten, um die Gemeinde seniorenfreundlicher zu gestalten und die Lebensqualität der älteren Mitbürger zu verbessern. Sein Dank galt dem Vorstand, vor allem dem Präsidenten Pierre Majerus, an den er sich mit den Worten richtete : « Wat wir <Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg > ouni de Pier a wat wier de Pier ouni < Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg >? » Jean-Luc Schleich schloss seine Ansprache mit den Worten : « Dir sidd hei an der Gemeng d'Kommissioun an d'Gewerkschaft vum 3. Alter an dir sidd esou och den Usprichtspartner vum Schäffen-a Gemengerot. »

Der Vorstand vu « Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg » setzt sich wie folgt zusammen : Ehrenpräsidentinnen : Mimi Kunnert-Thill und Josette Pinnel-Steinmetz ; Präsident : Pierre Majerus ; Vizepräsidentin : Marie-Thérèse Donatelli-Alff ; Sekretärin : Irène Schmit-Dahm ; Kassiererin : Marianne Diederich-Meyers ; Mitglieder : Pierre Diederich, Céline Schaaf-Petry und Raymond Schaaf ; als Kassenrevisoren fungieren Edouard Lies und Pierre Walch.

(dd.)





## ERFOLGREICHE « JOURNÉE DU GRAND ÂGE »

Artikel aus dem Luxemburger Wort vom 23.03.2013

### Gemeinderat und « Jonk an AI » ehrten ältere Mitbürger

Die « Journée du Grand Âge » in der Gemeinde Waldbilling wurde eingeläutet mit einem feierlichen Hochamt im « Hentgesbau », das von Pfarrer Robert Kuzwela zelebriert wurde. Der Gottesdienst wurde auf mustergültige Art und Weise gesanglich gestaltet von den « Chœurs réunis » der Gemeinde unter der Leitung von Henry Wickens, der die Sängerinnen und Sänger auch am Flügel begleitete.

Nach dem Hochamt begrüßte Bürgermeister Jean-Luc Schleich sämtliche Teilnehmerinnen und Teilnehmer zum diesjährigen « Tag des 3. Alters » und dankte allen, die an den Vorbereitungen beteiligt waren. In seiner Ansprache – die unter dem Motto stand « Das Alter feiern bedeutet das Leben feiern » - ging er besonders auf die unzähligen Verdienste der älteren Mitbürger ein, die es verdienten, geehrt und ausgezeichnet zu werden, und besonders dann, « wenn die Kerzen auf dem Geburtstagskuchen teurer werden als der Kuchen selbst ». Die Gesellschaft schulde den älteren Mitmenschen Dank und Anerkennung, aber auch auch Herzlichkeit, Liebe und Verständnis, und dies für die unzähligen und mannigfachen Dienste in ihrer Familie und in der Gesellschaft. Jean-Luc Schleich unterstrich, dass die Ältesten, aber auch die Jüngsten, einen Ehrenplatz in der Gesellschaft bekommen müssten, da die wichtige Rolle von « Jonk an AI » ja jedem einleuchten müsse. « Seele und Gefühle kennen kein Alter », so der Bürgermeister, und so sei es nur selbstverständlich, dass das Angebot der dynamischen Grauhaarigen, sich noch aktiv am Leben in der Gemeinde zu beteiligen, von der Gesellschaft angenommen werden müsse. Jean-Luc Schleich schloss seine Ansprache mit ein paar Überlegungen von einem unbekanntem Verfasser : « Alt macht nicht die Zahl der Jahre, alt machen nicht die grauen Haare, alt ist, wer den Mut verliert und sich für nichts mehr interessiert. Drum nimm alles mit Freud' und Schwung, dann bleibst du auch im Herzen jung. Zufriedenheit und Glück auf Erden, sind das Rezept, alt zu werden ».

Der Präsident von « Jonk an AI – Gemeng Waldbëlleg », Pierre Majerus », schloss sich den Worten seines Vorredners an und dankte der Gemeindeverwaltung für die großzügige Unterstützung bei der Organisation der Feier sowie bei allen Veranstaltungen des Vereins.

Anschließend beglückwünschten Bürgermeister und Präsident die Mitbürger, die im Laufe dieses Jahres ihren 75. bzw. ihren 85. Geburtstag feiern, und wünschten ihnen Gesundheit, Kraft und die nötige Energie, jeden Tag aufs Neue das Leben zu bejahen und alle Möglichkeiten, aktiv zu bleiben, anzunehmen. Der Gemeinderat sowie der Vorstand von « Jonk an AI » überreichten abschließend folgenden Jubilaren ein passendes Geburtstagsgeschenk : Jean-Pierre Schmit (75), Ben Goeders (75), Jacqueline Malherbe-Perceval (75), Léon Mathes (85), Roger Pinnel (85), Jeanne Alf-Nilles (85) und Anna Baden-Weydert.

Mit einem gemeinsamen ausgezeichneten Mittagessen im Restaurant « Heringer Mühle » in Müllerthal wurde die « Journée du Grand Âge 2013 » in einer ausgezeichneten Atmosphäre abgeschlossen.

(dd.)





## CLUB DES JEUNES CHRISTNACH

Den Club des Jeunes huet en neien Comité 2013/2014 gewielt, dësen setzt sech aus folgenden Memberen zesummen:

President: **Jean Goedert**

Vize-President: **Thierry Claes**

Secrétaire: **Liz Henx**

Caissier: Sven **Bettendorf**

Memberen vum Comité: **Nathalie Boonen**  
**Christian Neu**  
**Jo Kolbach**



**WANNS DU IWWER 15 JOER BASS** an Loscht hues eis ze ënnerstëtzen, dann komm **FREIDES NO 20 AUER BIS AN DEN CLUBSALL** (zu Chrëschtnech bei der Kierch) laanscht oder ruff um **691 86 11 63 un.**

### Hei sinn och nach eng Kéier eis Gewënner vun der Tombola:

2455: 1 Bouchée à la Reine vum Restaurant Gudde Kascht  
1090: 1 Corbeille vum Touristenzentrum Mëllerdall  
1325: 3 Liter Mëllech vum Majerus vum Chrëschtnech  
1123: 1 Mutz vum Retouches beim Jeanne vum Miersch  
1202: 1 Bong vum Aux Nobles Cépages vum Beefort  
1253: 1 Werkzeugset vum Electricité Bettendorf vum Chrëschtnech  
1064: 1 Baustellenradio vum Electricité Bettendorf vum Chrëschtnech  
1484: 1 Taschenmesser an Taschenlampe vum Electr. Bettendorf vum Chrëschtnech  
1206: 1 Taschenmesser an Taschenlampe vum Electr. Bettendorf vum Chrëschtnech  
1189: 2 Fläschchen Wain, 1 Meter an 1 Bic vum Jacob & Weis vum Hieffnech  
1243: 1 Hunnegdrëpp, 1 Meter an 1 Bic vum Jacob & Weis vum Hieffnech  
1290: 1 Eil vum Keramik aus Leidenschaft vum Chrëschtnech  
1176: 1 Weldschwainsaucisse vum den Geyeschhafferjeeër  
1089: 1 Bong vum Urbannature vum lechternach  
1190: 1 Bong vum Urbannature vum lechternach  
1231: 1 Bong vum Salon Figaro vum lechternach  
1118: 1 Bong vum Salon Figaro vum lechternach  
1120: 1 Bong vum Salon Figaro vum lechternach  
0081: 1 Bong vum Salon Figaro vum lechternach  
1388: 1 Bong vum Salon Figaro vum lechternach  
1177: 1 Corbeille vum Delhaize

Wann dir eppes dovun gewonnen huet an et nach net krut mellt lech ënnert dëser Nummer **691 86 11 63**

**Mir hunn dëst Joer rëm vill Aktivitéiten gemaach wei zum Beispill:**

1. Virbereedungen fir op d' Cavalcaden; de Won an och d'Kostumer hu mir selwer gemaach
2. Hei hun mir zu Chrëschtnech um Won geschafft
3. Mir, op der Cavalcade zu Diekirch, wou mir fir gutt Stëmmung gesuert hunn
4. Buergbrennen 2013
5. Den Indica-Tournoi, wou eng gutt Stëmmung war
6. Eise Kneppelbal
7. Op dem Landjugenddag



1




2



3



4



5



6



7



8

## DEUX DONNÉS POUR L'ÉCOLE FONDAMENTALE DE WALDBILLIG POUR UN TOTAL DE 2.000 EUR

En juin, l'Association des Parents d'Élèves avait le plaisir de faire un don à l'École Fondamentale de Waldbillig pour les excursions de fin de l'année scolaire. Chacune des dix classes a reçu un don de 100,00 EUR pour soutenir une partie de leurs activités. Nous espérons que toutes les classes ont bien aimé leurs excursions!

Nous avons aussi décidé de sponsoriser un panneau au sentier naturel („Naturléierpad“) près de l'École Fondamentale. Nous avons sélectionné le panneau près du jardin des herbes et nous sommes ravis de soutenir ce projet.

### **Le Comité de l'Association des Parents d'Élèves**

*Christine SUNNEN - Chantal DIMMER - Myriam COLBACH - Julio SOBRAL - Corinne MEYERS Christiane FELGEN - Marja KOOL - Diane WENNER - Mireille MAJERES*







## DE MËLLERDALLER MÄNNERCHOUER

Männerchéier .....

Si maache sech ëmmer méi rar. Vill vun hinnen existéieren net méi, hunn opgehalen. Faute de combattants! Anerer sënn nach voll do, wibbelen nach, struwele sech derduerch, gi sech net. Déi aus dem Uelzechtdall, dem Atertdall, dem Sauerdall, dem Museldall, .... an dem Mëllerdall. Wéi laang nach? Eng gutt Fro.

Dat hänkt natierlech och vun Eech of, Dir léif Lieserinnen a Lieser vum /De FUUSS.

Net datt mer is falsch verstinn. Mir hunn net wëlles is ze mëschen. Nee, nee. Mir wëlle bleiwe wat mer sinn: De Mëllerdaller Männerchouer mat Betounung op Männer. Allerdéngs steet déi Zort op der rudder Lëst. Si ass vum Ausstierwe menacéiert. D'Ëmwelt ass hinnen net gutt gesënnt. Si ginn ëmmer méi zu enger Raritéit. Et wier Schued, wann dee lesten enges Dags nëmmen nach am Musee ze gesi wier, wéi dee vum Loschbuer. Wéi Dir is hëllef kënnt? Ganz einfach, dir Männer, jonk an al, klappt bäi is un a mir loos-sen Eech eran. Oder Dir, léif Dammen, dämpf Är Männer, jonk an al, doheem eraus a schéckt se bäi is. Dann hutt Dir eemol an der Woch d'Televisioun fir Eech eleng, musst deen Owend kee Foussball kucken. An Äre Männchen ass tiptop versuergt, mécht eppes fir d'Kultur, di eegen an di allgemeng, di eescht an och di manner eescht. Bäi is ass vun allem derbäi. Dat beweisen dach wuel d'Biller vun éise vergaangenen Aktivitéiten.

An di nächst së schonn an der Maach a geplangt. Zemol fir d'anert Jar. 2014. Do wëlle mer (nach eng Kéier) sou richtig op d'Tromm schlon. Da feiere mer Gebuertsdag. E ronnen. Deen Zwanzegsten. An dat soll net dee leste sënn!

### René Colbach

Aktuell Memberen, déi méi oder manner regelméisseg freddes owes zu Chrëstnech am Veräinsbau zwou Stonnen zesumme sangen:

**Bernard Charel, Chrëstnech** (Caissier)  
**Colbach René, Hiefnech** (Éierepresident)  
**Flies Mario, Miedernach**  
**Forestieri Antonio, Waldbëlleg**  
**Hansen Claude, Iechternach** (President)  
**Hansen Emile, Weilerbaach**  
**Kerschen Erny, Petteng** (Comité)  
**Kieffer Marcel, Hiefnech** (Comité)  
**Konsbruck Thierry, Uewerdonwen** (Pianist)  
**Majerus Pierre, Chrëstnech**  
**Mehlen Pol, Chrëstnech**  
**Müller Ludwig, Chrëstnech**  
**Origer Jemp, Konsdref** (Dirigent)  
**Pizzaferr Erny, Noumer**  
**Pletschette Camille, Miersch**  
**Reckinger Camille, Uewerglabech**  
**Schiltz Louis, Haler** (Sekretär)  
**Schintgen Fons, Waldbëlleg** (Comité)  
**Schneider Will, Beefort**  
**Tobes Nic, Chrëstnech** (Comité)  
**Wickens Henry, Waldbëlleg**  
**Rezent Aktivitéiten**





## MOIEN DIR MËLLERDALLERINNEN A MËLLERDALLER,

**kuerz wëll ech mech hei bei lech virstellen.**

Als Weilerbaacher Jong sinn ech ënnert de Fielse vum Berdorfer Plateau opgewuess an hunn eis wonnerschéi Landschaft spilleresch kënne kenne léieren. Den lechternacher Kolléisch huet mech op meng Biologiestudien an Éisterräich virbereet, an esou munch gedréchent Planz aus dem Mëllerdall fannen ech nach a mengem Herbarium erëm. Biologie ënnerrichten ech haut am Lycée Classique zu Dikrech, an ergräife regelméisseg d'Geleeënheet fir de Schüler an eiser Regioun d'Geologie an d'Ökologie ze erklären. D'Land an d'Leit aus dem Mëllerdall leie mir um Häerz an ech freeë mech elo a menger neier Funktioun als President vum Mëllerdaller Männerchouer aktiv matagéieren ze dierfen.

Ech wëll mech un en aalt Sprachwuert halen dat seet, et soll een a sengem Liewen un dat Vergaangent erënneren, dat Vun-Haut fleegen a gestalten an d'Zukunft kreéieren.

Mat 21 Männer aus 13 Mëllerdaller Dierfer, déi eng Freed hunn zesummen ze sängen a bal 1500 Joer Liewenserfarung mat sech bréngen, fillen ech mech als jonke Spunt, deen d'Éier huet un d'Spëtz vun dem Trupp ze récken, geéiert a gutt opgehuewen. E grouse Merci dierf ech als neie President un eisen ale President an neien Éierepresident fir seng 15 Joer Aarbecht am Déngscht vum Veräin maachen, a si frou datt hien eis mat sengem Charme a Witz weider aktiv zur Säit steet. E grouse Merci awer och un eisen äi-frege Comité dee fir all Iddi en oppent Ouer huet. Grouss Stécker hale mir op eisen Dirigent Jemp Origer, a mat grouse Stécker bereet hien eis och grad vir op e kulturell usprochsvollen a gesellschaftlech lëschtigen Hierscht 2013 a mat vill Äifer och op eis 20-Joer-Feier 2014.

Mais wat wär e Männerchouer ouni säi Pianist, an do kënne mir eis glécklech schätzen, datt mir an eisen zwee Thierryen zwee excellent Pianisten hunn, déi eis bei sou munch schwierigem Stéck begleeden an e wichtege Réckhalt sinn. Ech freeë mech fir dat wat mir zesumme schonns erlieft hunn, op dat wat mir grad leeschten an dat, wat do kënnt, a wënschen lech, léif Mëllerdallerinnen a Mëllerdaller, flott Momenter mat eisem dynameschen a lëschtigen Mëllerdaller Männerchouer

**Claude Hansen**

President





*Konsbrück Thierry, Pianist*

*Origer Jemp, Dirigent*



*v.l.n.r. Schintgen Fons, Schneider Will, Majerus Pierre, Müller Ludwig, Wickens Henry, Hansen Claude, Pletschette Camille, Reckinger Camille, Kieffer Marcel, Colbach René, Bernard Charel, Schiltz Louis, Tobes Nic, Mehlen Pol. Op der Foto feelen: Flies Mario, Forestieri Antonio, Hansen Emile, Kerschen Erny, Piffaferi Erny.*



## JUGENDPOMPJEEËN EE COOLEN VERÄIN

### RALLY ZU IECHTERNACH

Am Kader vun 40 Joër Jugendpompjeeën lechternach, wuaren mir op ën Rally op lechternach invitéiert gin deen an Zesummenarbëcht mat den Jugendleeder aus der Regioun Osten (Sektioon lechternach) organiséiert gouf. Start wuar dën 15. Juni beim lechternacher Séi moies um 9 Auer. Duerno sin mir ën Parcour ronderëm dë Séi an duerch dë Bësch gaangen bei deenen mir éng Réi vu Spiller gemaach hun. Ënnert aanerem lintenfëschchen, Treetboot fueren, Kucheschlacht, Këschteklammen a nach aaner flott Spiller. No éngem flotten Daag konnten mir natierlëch nët erwuarden wéi mir ofgeschloss hatten. Um 17 Auer wuar d'Präsiwwereechung an mir hun déi 7. an déi 1. Platz vun 23 Equipen mat heem geholl. Genial.

Zefridden si mir heem gefuer a mir kënnen ët guer nët méi erwuarden fir zesummen op d'Zeltlager op Speicher zë fueren wou mir dësen Summer invitéiert sin.

Wann soss nach een/t Loscht huet bei aïs matzemaachen, dann brauch sie/hien nët ze faärten an kann sëch beim Thill Jonathan (691669842) mëllen. Gäeren invitéieren mir dech éng Kéier bai aïs luussen zë kommen.

**Jonathan Thill**





## D'WALDBËLLEGER MUSEK AM 1. HALLEF JOER 2013

Léif Leit,

Ech wëll hei am Num vun der Wadbëlleger Musek e klengen Rapport iwert eis Aktivitéiten vum leschten halwen Joer maachen. Den 18 Januar goug et lass matt eiser Generalversammlung um Hentgesbau, wou och een Deel vum Comité erneiert ginn ass. Et sinn leider nach ëmmer Plaazen vakant. Mir wieren frou wa Leit sech géifen mellen fir bei eis matzeschaffen. Sonndes den 24 Februar war eisen traditionellen Kaffi, Kuch an Kniddelen an der Cafétéria zu Waldbëlleg wou mir e flotten Dag zesummen verbruecht hunn. D'Scheckiwerrrechnung un Action Avenir Haiti, den Erléiss vun eisem gemeinsamen Chrëschtconcert matt dem Mëllerdaller Männerchouer war den 13 März, begleet mat engem Pättchen vun der Gemeng. Bei daer Geleënheet huet ee Vertrieeder vun der Action Avenir Haiti eis en Diasvirtrag gewisen iwert déi Aarbecht déi si op der Plaz maachen. Do kann een nëmmen soën "Chapeau". Wann Dir wëllt kënn Dir op hirem Internetsite kucken wat si bis elo geleescht hunn (aah.lu).

Kommuniounsdag hu mir den Cortége musikalesch encadréiert an d'Kanner vum Veräinsbau bis an d'Kiirch zu Krëschtnech begleet. Um Galaconcert den 20 Abrëll ënnert der Leedung vun eisem Chef dem Här Christophe Weiland hu mir eise Gäscht ze lauschteren ginn wat mir de ganze Wanter sou ageprouft haaten. Deen Owend huet och eis Jugendmusek hirt Kënnen ënnert Beweis gestallt. "Wa Kanner sech fir eis Jugendmusek interesséieren, kënnen si sech gären bei mir mellen. Sie prouwen ëmmer Densdës vun 19 bis 20 Auer am Museksall zu Waldbëlleg ( Reinert 621144886 )" Et war e flotten Owend den mir a beschter Erënnung waerte behalen. Um Virowend vum 1. Mee si mir bei net grad deenen beschten Wiederkonditiounen an de Bësch gaangen fir eis Meekränz ze bannen. Duerno si mir gudd naass bei de Pinnels Marco heemgaangen, do stoung e gudden Ierbesebulli fdir eis prett, deen d'Elvire eis gekacht hat. Normalerweis essen mir deen am Bösch, mee d'Wieder huet dat dëst Joer net zougeloss. Den Dag drop hu mir eis Meekränz verdeelt an een oder deen aneren Ständchen gespilt. Den Ofschloss war wéi ëmmer op der Gemeng fir mam Gemengerot den Apéro ze drénken. Um Millefest hu mir zesummen mam Gesang "Sang matt Waldbëlleg Haler" an der Kichen fir dat leiblecht Wuel vun eise Visiteuren gesuert. Matt der Miedernacher Musek waren mir Päischtdensdeg op Sprangprozessioun a kuerz drop matt der Gemeng an dem Conservatoire du Nord hu mir den 24 Mee eng Auditioun am Haentgesbau organiséiert.

Vum 30 Mee bis den 2 Juni hu mir Erhuelung gebraucht a si fir eisen Museksausflug an Ostfriesland gefuer. Moies fréi hu mir eis beim Museksall mat dem Voyages Schmit op de Wee gemaach. No enger Parti Stau an enger impressionanter Visite vun der Meyerwerft zu Papenbuerg, wou déi richtig grous Luxusschëffer gebaut ginn, si mer gudd zu Aurich ukomm. Den Dag drop haten mir moies eng Visite vun der Stad Aurich, duerno si mer op Greetiel fir an engem léiwen frieschen Restaurant zu mëttig z'essen. Den Ofschloss vum Dag haten mir an enger Wandmillen matt enger typescher ostfriescher Téizeremonie. Samsdes war en Ausflug op Norderney wou mir een Tour mat engem Bus iwert Insel gemaach hunn, an duerno konnt jidereen d'Insel op seng eegen Fauscht erforschen. Sondesmoies no enger Visite zu Moordorf am Moormuseum, ass et et weidergang op Haren wou mir an engem flotten Restaurant fürstlech gespeist hun. Matt vollem Mo, ass et dunn leider schon erëm Richtung Heem gang. No eisem Concert op der Place d'Armes den 18 Juni, ware mir um Virowend vun Nationalfeierdag rëm present um cortège an Te deum.

**Nico Reinert**  
Président







## NEIE FUSIIONSVERÄIN DT FIELS/HALER 2013

Op Initiative vum Kimmes Marco (DT Haler) a Weis Romain (DT Fiels/lernzen) hun sech Komiteen vun deenen 2 Veräiner am Februar getraff fir iwert eng eeventuel Fusioun ze diskutéieren. Ganz séier wor een sech eenig dat nemmen eng Fusioun desen 2 Veräiner rem kennt eng nei Motivatioun gin. Déi 2 Uewegenannten hun d'Aufgab kritt daat d'Ganzt an d'Weer ze leeden a hir respektive Gemengen dorop un ze schwetzen. No ee pur Diskutiounen krutten déi 2 Veräiner den Accord an hun no hiren respektiven Generalversammlungen ee neie Komitee gewielt.

**Präsident:** Kimmes Marco

**Vize-Präsident:** Brunetti Bruno

**Korrespondenzadress a Sekretär:** Weis Romain

**Caissier:** Kimmes Jean-Paul

**Caissier-adjoint:** Marquet Daniel

**Jugendwart:** Weis Antoine

**Member:** Brunetti Claudio – Kraus Ben – Gaasch Tom – Weis Jean-Pierre – Zinnen Jean-Claude



**De Komitee vum DT Fiels/Haler** (vu lenks no riets)  
Cl. Brunett – B. Brunetti – T. Gaasch – R. Weis – B. Kraus – M. Kimmes – JP Kimmes – T. Weis – JC Zinnen – JP. Weis  
Et feelt den D. Marquet

Mam Mario Della Schiava (DT Recken) an dem Buchler Christian (DT Lentgen) ass et dem neie Fusiounsveräin gelongen, 2 ganz gudd Transferen ze machen, sou dass d'éicht Equipe secherlech em den Opstieg an Nationale 2 spille wärt.

Trainingen gi vun Mario Della Schiava a Jean-Marie Louis fachmännesch geleet. Woubäi de neie Veräin Méindes a Mettwochs zu Waldbelleg an Denstegs, Donneschdegs a Freides an der Fiels trainéiert.

D'nächst Saison spillt den DT Fiels/Haler mat 8 Seniorséquipes wovon der 4 hir Heemmatcher zu Waldbelleg an déi aaner 4 hir Matcher an der Fiels ausdrohen.



Mario Della Schiava a Christian Buchler

Hei nach den **Trainingsprogramm** vum DT Fiels/Haler:  
(ab dem 2. September 2013)

<b>MÉ.</b>	vun 18– 20 Auer	Centre Sportif/Cult. - Waldbelleg
<b>DE.</b>	vun 19 – 22 Auer	Centre Sportif Filano - Fiels
<b>ME.</b>	vun 18 – 20 Auer	Centre Sportif/Cult. - Waldbelleg
<b>DO.</b>	vun 19 - 22 Auer	Centre Sportif Filano - Fiels
<b>FR.</b>	vun 17 – 20 Auer	Centre Sportif Filano - Fiels

**Weis Romain**  
Sekretär



## EMMER FIT TURNVERAIN

Och dëst Joer hun d'Memberen vum Turnveräin "Emmer Fitt" all Méindes vun 19.30 - 20.30 am Veräinsbau zu Chrëschtnech geturnt. Vum Abrël un konnte mer dunn rëm an d'Hal op Waldbëlleg goen.

Eis Generalversammlung war e Freiden, den 17. Mee 2013 an der Cafetéria zu Waldbëlleg.

D'nächst Joer wäerte mer weider **turnen** am Hall Sportif zu Waldbëlleg - all Méindes (mee net an de Schoulvakazen) vun 19.30 - 20.30 - vum 23. September 2013 bis Péngschten 2014.  
D'Cotisioun ass 70,00 Euro pro Joer. All neie Member (vu 16 Joer un) ass wëllkomm.

*Cours de gymnastique tous les lundis sauf vacances scolaires) de 19.30 - 20.30 au Hall Sportif de Waldbillig à partir du 23 septembre jusqu'au congé de Pentecôte 2014. 70 euros par an.*

**Contact:** 621 623 670

**Den 6. Oktober 2013** (Pappendag) ass rëm eis traditionellt grousst Haxefest an der Cafetéria zu Waldbëlleg.

*Grande fête traditionnelle avec assiette aux pieds de porc dimanche, le 6 octobre 2013, la fête des papas.*







## DE BADMINTON WALDBËLLEG ASS PRETT FIR SENG 1. SAISON!

wWann d'Badminton Championnat de 29. September an d'Saison 2013/14 geet, trëtt de neie Veräin Badminton Waldbëlleg bei senger 1. Participatioun direkt mat 6 Equipen un : D'Senioren spillen an 2 Equipen, di éischt hofft an der Besetzung Slaven Andrasic, Luc Schmidt, Pascal Duhautpas, Pascal Gieres, Alain Wenner, Claudine Parisot a Michèle Havé eng Divisioun méi héich ze klammen. Schëter an Habscht wäerten di schwéierst Géigner sinn.

wBei deene Jonken ass Waldbëlleg mat jee enger Superminimes an enger Scolaires Equipe vertrauden a mat zwou bei de Minimen. Vu dass di Jonk mat e puer Ausnahmen réischt virun e puer Méint eng éischte Kéier eng Raquette an der Hand haten, muss d'Ziel sinn mol den een oder anere Match ze wannen. Gutt Resultater däerften fréistens di 2. Saison agefuer ginn. Fir en héichwäertegen Training surget 'Dräiergespann Florin Balaban, Sina Goli a Luc Schmidt. Ënnerstëtzt gëtt eis Jugend vun der Firma Tavares.

wZënter dass di Waldbëlleger Hal nees op ass, si knapps 100 Leit de Badminton sport teste komm, ëmmerhin 50 vun hinnen si fir di nei Saison lizenséiert, dovunner 2 Drëttel Kanner. D'Uniformen fir dës Competitiounsspiller gi gestëft vun der Firma Entrapaulus. Mee och hobbyméisseg ass de Badminton beléift, d'Hal ass souwuel dënschdes an donneschdes owes wéi och samschdes a sonndes moies ab 10 Auer fir alleguer disponibel.

## TRAININGSZÄITEN AB DEM 17. SEPTEMBER 2013

dënschdes an donneschdes

17:00 – 18:45 Kanner bis ca. 12 Joer

18:30 – 20:00 Jugendlech

19:15 – 21:30 Erwuessen (Kompetitioun- an Hobbyspiller)

samschdes a sonndes

10:00 – 12:00 alleguer (virausgesat keen anere Veräin brauch d'Hal)

ausféierlech Informatiounen op [www.badmintonwaldbillig.lu](http://www.badmintonwaldbillig.lu)



De Luc an den Alain um Dauler Hobby Tournoi, den se gewonn hunn.



Um Kannertraining si regelméisseg ëm di 30 Kanner.




## UERGELFRËNN WALDBËLLEG A.S.B.L.

„Wenn einer alleine träumt, ist es nur ein Traum, wenn viele gemeinsam träumen, dann ist das der Beginn einer neuen Wirklichkeit.“

Am Joer 1996 goufen d'Uergelfrënn Waldbëlleg gegrënnt, fir d'Uschafung vun enger Päifenuergel an der Waldbëlleger Parkierch. An de Joren tëscht 1996 an 2003 huet de Veräin e gudde Batz Geld vu Plus-Minus 2,5 Milliounen aler Frang zesummege-driwwen.

